



1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Kolleeginnen a Kolleegen, wann Der wëllt Plaz huelen, da kann ech d'Sëtzung opmaachen. An dat maachen ech dann och direkt. E schéine gudde Mëtteg! D'Sëtzung ass op.

An déi traditionell Fro un den Här Statsminister: Huet d'Regierung eng Matdeelung ze maachen?

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*. - Déi traditionell Äntwert, Här President: Neen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci.

2. Communications

Da wollt ech der Chamber matdeelen, dass d'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten um Büro depouéiert ass an d'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sëtzung bei eis erakomm sinn, un d'Fraktiounen an un d'Sensibilitéite verdeelt ginn ass.

Communications du Président - séance publique du 31 mai 2017

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et le projet de règlement grand-ducal suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

7134 - *Projet de loi relatif à la construction d'un Lycée technique pour professions de santé et d'un hall des sports Logopédie à Strassen*

Dépôt: M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*, le 11.05.2017

7135 - *Projet de loi relatif à la rénovation et l'extension du Lycée Michel Rodange*

Dépôt: M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*, le 11.05.2017

7136 - *Projet de loi relatif aux voyages à forfait et aux prestations de voyages liées et portant modification:*

1. du Code de la consommation;

2. de la loi modifiée du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales

Dépôt: M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*, le 12.05.2017

7137 - *Projet de loi relatif à la gestion collective des droits d'auteur et des droits voisins et l'octroi de licences multiterritoriales de droits sur des œuvres musicales en vue de leur utilisation en ligne dans le marché intérieur et portant modification de la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et les bases de données*

Dépôt: M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*, le 12.05.2017

7138 - *Projet de loi portant modification: 1. de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective; 2. du Code du travail*

Dépôt: M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*, le 17.05.2017

7139 - *Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain*

Dépôt: M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur*, le 18.05.2017

7140 - *Projet de loi relatif à un régime d'aides en faveur des petites et moyennes entreprises et portant abrogation*

1.) des articles 2, 3 et 6 de la loi modifiée du 30 juin 2004 portant création d'un cadre général des régimes d'aides en faveur du secteur des classes moyennes; et

2.) de l'article 4 la loi modifiée du 27 juillet 1993 ayant pour objet 1. le développement et la diversification économiques, 2. l'amélioration de la structure générale et de l'équilibre régional de l'économie

Dépôt: M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*, le 18.05.2017

7141 - *Projet de loi portant approbation de la Convention Benelux de coopération transfrontalière et interterritoriale, faite à La Haye, le 20 février 2014*

Dépôt: M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*, le 22.05.2017

7142 - *Projet de loi modifiant la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues*

Dépôt: Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*, le 23.05.2017

7143 - *Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 janvier 1996 sur la coopération au développement et l'action humanitaire*

Dépôt: M. Romain Schneider, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*, le 23.05.2017

7144 - *Projet de loi relatif à la mise à 2 x 3 voies de l'autoroute A3*

Dépôt: M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*, le 26.05.2017

7145 - *Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal du 16 juin 2011*

a) concernant les modalités relatives à l'appareil de contrôle dans le domaine des transports par route et fixant les sanctions des infractions aux dispositions

1) du règlement (CE) n°561/2006 du Parlement et du Conseil du 15 mars 2006 relatif à l'harmonisation de certaines dispositions de la législation sociale dans le domaine des transports par route, modifiant les règlements (CEE) n°3821/85 et (CE) n°2135/98 du Conseil et abrogeant le règlement (CEE) n°3820/85 du Conseil et

2) du règlement (CEE) n°3821/85 modifié du Conseil des Communautés européennes concernant l'appareil de contrôle dans le domaine des transports par route, et

b) modifiant

1) le règlement grand-ducal du 15 mars 1993 portant exécution et sanction du règlement (CEE) n°881/92 du Conseil des Communautés européennes du 26 mars 1992 concernant l'accès au marché des transports par route dans la Communauté exécutés au départ ou à destination du territoire d'un État membre ou traversant le territoire d'un ou plusieurs États membres,

2) le règlement grand-ducal modifié du 26 août 1993 relatif aux avertissements taxés, aux consignations pour contrevenants non résidents ainsi qu'aux mesures d'exécution de la législation en matière de mise en fourrière des véhicules et en matière de permis à points et

3) le règlement grand-ducal modifié du 8 août 2000 déterminant le contenu de l'instruction préparatoire aux examens du permis de conduire ainsi que de l'exercice de la profession d'instructeur de candidats-conducteurs

Dépôt: M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures*, le 29.05.2017

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. Ordre du jour

Deen Ordre du jour, deen d'Presidentekonferenz virgeschloen huet, ass de Fraktiounen an de Sensibilitéiten zougestallt ginn. An ech wollt lech froen, ob Der mat deem Ordre du jour d'accord sidd.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen direkt zum éischte Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6875, d'Reform vum Statsrot. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet d'Rapporteur, d'Madamm Simone Beissel. Dir kënnt direkt ufänken. D'Wuert huet just d'Madamm Rapporteuse.

4. 6875 - Projet de loi sur l'organisation du Conseil d'État et portant modification

- de la loi modifiée du 21 avril 1928 sur les associations et les fondations sans but lucratif;

- de la loi modifiée du 29 juin 1989 portant réforme du régime des cabarets

6821 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 12 juillet 1996 portant réforme du Conseil d'État

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle sur le projet de loi 6875 et sur la proposition de loi 6821

► **Mme Simone Beissel** (DP), *rapporteuse*. - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Membre vum der Regierung, de Lëtzeburger Statsrot ass schonns säit ganz Laangem dat wichtegst Berodungsorgan net nëmme vun der Regierung, mä och vun eis als Chamber, sougutt wat eis Statsform ugeet, wat eise politesche System ugeet mat all senge breede Facetten, mä haaptsächlech och, wat de Schutz vun eise Bierger ugeet.

De Statsrot nennt sech selwer de Garant vun de Grondrechter a vun de Fräiheeten, mä hie gëtt awer och ugekuckt als Garant vun engem stabile Rechtsstat.

Et ass awer esou, an dat héiere mer ëfters dobaussen, dass am grand Public e ganze Koup Leit net richtig wëssen, wéi e funktionéiert, wéi en zesummegeallt ass, an dass verschidde Leit iwwerhaapt näischt iwwert de Statsrot wëssen. Trotzdeem ass et eng Institutioon, déi elo 162 Joer kritt.

Effektiv ass de Statsrot 1856 gegrënnt ginn, an zwar vum Kinnek-Grand-Duc Wëllem III. vum Oranien-Nassau, deen iwwerhaapt net frou war mat der Chamber, well 1848 déi dräi Pouvoiren u sech agefouert gi sinn an d'Chamber fir d'Éischt richtig Pouvoire kritt huet. En huet sech ëmmer beklot iwwert d'„plénipotence“ an d'„omniprésence“ vun deem Parlament. An d'Chamber war dergéint, dass géif esou e Gremium geschaaft ginn. An du huet hien op déi al Manéier iwwer Ordonnanz a par voie d'autorité, wat et haut net méi gëtt, 1856 dee Statsrot de force kreéiert.

En hat näamlech d'Iddi - well Dir wësst jo, e war Hollänner, an d'Hollänner haten déizäit jo eng zweet Chambre, de Senat -, seng Iddi war, fir der Chamber hei zu Lëtzebuerg e Rigel virzeschiben an eng Zort Senat hei anzsetzen an en ze bestécke mat lauter Leit, déi him geneem waren, fir déi Chamber dann ze bremsen.

Dese Statsrot hat déizäit als Missioun, «de délibérer au sujet des projets de loi, arrêtés et règlements», an e krut awer schonn direkt riichterlech Kompetenz a Saache Comité du contentieux. Glécklecherweis war dem Kinnek Wëllem III. seng Freed awer net vu laanger Dauer, well en hat esou dichteg Leit an de Statsrot gesat, dass déi sech relativ schnell flügge gemaach hunn, dat heescht, si sinn aus sengem Donstrees verschwonne a si hu wierklech gekuckt nom Stat an net nom Kinnek-Grand-Duc, well menger Meenung no hätt soss dee Statsrot 1868 de 17. Oktober, wou mer eis haiteg Verfassung kritt hunn, net iwwerlief.

Elo maache mer e grouse Sprong an d'20. Jorhonnert. Wéi gesot, 162 Joer gutt Aarbecht, vill Avisen, an trotzdeem, haut ass déi drëtt Reform. Déi éischt grouss Reform, déi hate mer den 13. Juni 1989. Dir musst lech virstellen, vun 1856 u bis 1989 ass fir d'alleréischte Kéier de Statsrot eegestänneg ginn, dat heescht, e krut en eegenen Artikel an d'Verfassung ageschriwwen. Et war zwar en „bis“, den 83bis, mä op d'mannst hat en eng Existenz.

Déi zweet grouss Reform, dat war 1995-1996. Dir erënnert lech bestëmmt un dee berühmten „Arrêt Procola“, wou de Lëtzeburger Stat zu Stroossbuerg vum Europäesche Gerichtshaff fir d'Mënscherechter d'Ouere laang gezu kritt huet, well se fonnt hunn, mir hätten ze vill Hitt op nëmmen e puer Käpp. An dunn ass dann endlech decidéiert ginn, quitte dass dat schonn zéng Joer an der Diskussioun war, fir d'Gerichtsbarkeit vum Statsrot ewechzehuelen. Dee Moment si jo den Tribunal administratif an d'Cour administrative gegrënnt ginn. A vun deem Moment un ass de Statsrot exklusiv nëmmen nach berodend Organ.

2013 am Koalitiounsaccord huet déi jëtzeg Regierung beschloss, fir de Statsrot a bestëmmte Beräicher ze änneren, ze moderniséieren opgrond vu Gespréicher, déi regelméisseg vu bause komm sinn: „Jo, wat mécht en?“, „En ass net transparent genuch“, „Et weess een net genuch“ an esou weider an esou virun.

An déi Iddien, déi am Koalitiounsaccord enthalen waren, ware vu véiereree Natur: éischstens, d'Nominatiounsprozedur, déi jo schonn Ulass zur Kritik ginn huet; dann d'Kompositioun; dann d'Publicitéit vun de Votten, well ëmmer gesot ginn ass: „Et weess een net genau, wéi se do schaffen“, an d'Mandatsdauer.

Doropshin huet eise President den 12. Mäerz 2014 d'Propositounen, déi hei vun all de Bänken, vun de Parteien, mä och vun de Sensibilitéiten, iwwer Akzenter, déi sollten an där Reform dra sinn, dem Statsminister Xavier Bettel iwwerreicht. An opgrond vun deene Propositiounen an Iwwerleeunge vun der Regierung ass dunn e Projet de loi ausgeschafft ginn.

Wat awer du war: An eiser Verfassungskommission hate mer du gläich vun Ufank un zwee Texter virleien. En effet hat de Kolleg Paul-Henri Meyers schonn den 19. Mee 2015 eng Proposition de loi hei eragereecht an de Pre-

mier Xavier Bettel huet den 10. September dat selwecht Joer e Projet de loi eragereecht. Déi Éischt hat d'Nummer 6821, deen aneren huet den 6875.

De Statsrot huet dunn den 18. Dezember 2015 en éischten Avis geholl iwwert déi zwee Texter zesummen. Et koumen nach zwee Avisen no, deen een de 15. Juli 2016 an deen zweeten Avis complémentaire de 14. Mäerz 2017. Déi Avisen hunn ëmmer déi zwee Texter matenee behandelt. Mir hunn och nach véier interessant Avisa kritt vu véier Chambres professionnelles zu der ganzer Problematik.

Vu dass d'Proposition de loi, déi vir an der Zäit war, an de Projet de loi deeseweichten Objet hunn, ass awer dunn an der Kommissioun decidéiert ginn, fir nëmmen op engem Text virunzeschaffen, an dat war de Projet de loi 6875. De Paul-Henri Meyers huet mech du gefrot, ob ech d'accord war - an dat war ech, bien entendu -, fir säin Text mat sengen eenzelne Proposen a mengem schrëftleche Rapport festzehalen. An duerfir wäert ech och op déi eenzel Propose vum Här Meyers agoen, d'autant plus, wou den Här Meyers op seng attribuéiert Riedezäit haut verzicht.

Här President, et sinn u sech fënnef Ännerungen, déi an der Proposition de loi virgesi sinn an déi och am Projet de loi sech erëmfannen.

Dat Éischt, dat ass d'Procédure beim Depot vun de Projets de loi. Momentan ass et esou, a mir maachen u sech nëmmen eng Regularisatioun, dass am Prinzip den Depot hei an der Chamber érischt ka geschéien, wann den Avis vum Statsrot do ass, ausser d'Urgence gëtt invoquéiert. Et ass awer esou, dass scho säit Joren ëmmer d'Urgence invoquéiert gëtt, also dass déi Distinction dee Moment an der Prozedur net méi vill Sënn mécht. Duerfir hu mer decidéiert, mir géifen dat regulariséieren, dat ofschafen, well dat mécht kee Sënn méi.

Derniewent huet och d'Proposition de loi gefrot, fir dass d'Chamber bei all Projet de loi direkt saiséiert ka ginn. Dat iwwerhëlt de Projet de loi, ass also den Accord vun all Mënsch.

Da koum awer an der Proposition de loi eppes, wou mer net d'accord waren. Dat heescht, den Auteur wollt, dass d'Chamber bei all Fro d'intérêt général - an do ass ëmmer de Problem vun den Definitiounen - kéint direkt de Statsrot befragen, fir en Avis ze kréien. De Statsrot, dee war do net dermat d'accord. Mir haten Diskussiounen an der Kommissioun an hunn decidéiert, dat net zrëckzebehalen.

Da geet et ëm d'Prozedur, wou d'Proposition de loi an de Projet de loi jo deeseweichte Souci haten. Dir wësst jo, wéi et elo de Moment ass. Momentan hu mer e System vun Alternance, oder et kéint een och praktesch soen Tripartite. Dat heescht, mir hunn eng Nomination directe vum Grand-Duc. An dann hu mer eng Nomination vun engem vun dräi Kandidaten iwwert d'Chamber an eng Nomination vun engem vun dräi Kandidaten duerch de Statsrot.

D'Proposition de loi huet virgesinn - an dobäi ware mer net dermat d'accord, well mer gefaart hunn, de Statsrot géif seng Eegestännegkeet verléieren -, dass nëmmen nach d'Chamber géif Conseillers d'État nominéieren. Mir wollten, dass de Statsrot seng Eegestännegkeet géif behalen, duerfir ass dat net zrëckbehalen ginn.

Wat gëtt dann elo geännert am neien 6875?

Mir halen d'Alternance zwar bäi, mä et kënnt awer eng Modifikatioun, dat heescht, d'Nomination directe duerch de Grand-Duc verschwénnt an déi gëtt ersat duerch eng Nomination op Propos vun engem Kandidat duerch d'Regierung. Also mir ginn net méi dräi Kandidaten; ee Kandidat duerch d'Regierung. An ausserdeem sollen d'Chamber an de Statsrot och, wann et un hirem Tour ass, all Kéiers ee Kandidat bestëmmen. Zousätzlech soll de Statsrot virun all Nomination zwee Profiller ausschaffen, virschloen, fir dass, wann d'Leit sollen nominéiert ginn, jiddefalls deen éischte Kandidat dee Profil dann huet, deen direkt gebraucht gëtt.

Wat sinn aner Neierungen?

Dat Éischt betrëfft d'Kompositioun vum Statsrot, wat awer och d'Procédure de nomination beaflosst. Vu dass d'Majoritéit oder d'Quasitotalitéit vun de Parteien a Sensibilitéiten heibannen dat gär gehat hätt, si mer op de Wee gaangen, dass d'Représentation politique am Statsrot u sech eng Parallell vun där ginn ass, déi mer hei an der Chamber hunn. D'Regel ass just, dass all Partei, all Sensibilitéit politique, déi minimum während zwou Legislaturperioden dräi Sëtz kritt huet, e Recht huet op e Sëge.

Dir wësst, mir haten ëmmer eng Zort Gentlemen's agreement an de leschte Joren. Mä mir maachen elo u sech näischt aneres, wéi den Gentlemen's agreement an den Text ze schreiwen.



An nach! De Statsrot an e puer Parteien hunn dann och gefrot, an dat ass u sech Zäit gewiescht, dass mer e bësselche méi Gender Mainstreaming géife maachen, dat heescht, dass d'Représentation paritaire vun den Damen am Statsrot sollt verstärkt ginn. An do si mer dann no villen Diskussiounen op de Wee gaangen, dass an dem Statsrot de Sexe sous-représenté soll op d'mannst en Drëttel kréien, dat heescht 7 vun 21, an eis Häre ware wohlwollend do dermat averstanen. Dat empëchéiert awer net, wann déi Konditioun net erfëllt wär, wann zum Beispill eng Vacance de siège wär, dass de Statsrot ka viruschaffen, bis eng nei Damm sech mell, well mir wëllen all eventuelle Blockage vun de Procédures législatives jo verhënnere.

Da kënn de Problem vun der Mandatsdauer. Dir wësst, de Moment ass et esou, dass d'Mandatsdauer 15 Joer ëmmer ass, bis dato, an dat korrespondéiert zu dräi Legislaturperioden. D'Regierung proposéiert, an d'Kommissioun ass mat op dee Wee gaangen, fir déi Durée vu 15 op 12 Joer erofzesetzen. Den Här Meyers hat proposéiert, déi Durée vu 15 Joer ze halen. D'Regierung huet als Iddi, fir ze soen, dass zwielef Joer besser ass, well et wichteg ass, dass och an engem Statsrot e permanente Renouveau garantéiert gëtt, well an eiser Gesellschaft och e permanente Changement ass, an da kënne mer dat besser alignéieren.

Doniewent: D'Funktione - dat ass méi technesch - vu President a Vizepräsident vum Statsrot ginn op dräi Joer limitéiert. Wa mer erfoginn op en Delai vun zwielef Joer, wëllt dat awer net heeschen, wann een zum Beispill dann e Spezialmandat kritt als President oder Vizepräsident, dass een dat dee Moment kéint fiktiv verlängeren. Neen: Sinn déi zwielef Joer eriwwer, da sinn automatesch d'Funktione vum President a Vizepräsident och fäerdeg.

De Grand-Duc an den Ierfgroussherzog dierfen net méi President ginn. Dat steet elo am Text. Souwisou ware se dat ni, do maache mer just en Toilettage de texte.

Dann en anere Punkt, wou d'Proposition de loi an de Projet de loi iwwereneestëmme, dat ass déi ganz Geschicht vun der Publicité des votes. Et ass ebe just gesot ginn: „Et weess een ni am Statsrot, wéi se genau ofstëmme.“ De Moment ass et esou, dass et duergeet, dass de President an de Generalsekretär am Statsrot d'Authentizitéit vun de Votte zertifizéieren, an domat war et fäerdeg. Elo ass gesot ginn, neen, an d'Proposition, wéi gesot, an de Projet leien op enger Linn: Vun elo u muss de Quorum - dat heescht, wivill Leit si physesch do, fir matzestëmme? - public gemaach ginn an och d'Resultat vum Vott, awer net, wéi deen een oder anere ganz genau ofgestëmmt huet. An dat nenne mer elo „publication anonyme des votes“, fir dass awer d'Regierung an d'Chamber wëssen, also de Feeling kréien, wéi ee Projet gedroen ass, vu wat fir enger Majoritéit.

Da betrëfft e leschte Punkt de Code de déontologie. Dir wësst, dass ganz vill Institutiounen entre-temps e Code de déontologie hunn. Mir schreiwen dat elo an d'Gesetz. De Statsrot huet zwar schonn e Règlement d'ordre intérieur, mä elo kritt en d'Recht, fir, wéi gesot, net nëmmen e Règlement d'ordre intérieur, mä och deontologesch Spillregele selwer auszeschaffen, an dat gëtt elo am Gesetz verankert a kritt doduerch eng aner Force. Dat war op Wonsch vum Statsrot, an d'Kommissioun ass deem bien-entendu suivéiert.

Dann, déi vun lech, déi den Intitulé genau gelies hunn, hu jo bestëmmt gesinn, dass do an deem Intitulé och eppes drasteet vun dem Cabaretsgesetz; d'Cabaretsgesetz, wat ganz al ass, wou awer säit 1998 eng Modifikatioun drasteet. A wat huet dat da mam Statsrot ze doen? Mä ganz einfach, an do maache mer u sech och eng Modernisatioun vun der Situation: Bis dato muss bei all Débit de boissons, bei all Autorisatioun, déi erausgeet, de Statsrot nach ëmmer en Avis ginn. An do hu mer fonnt, dat wär awer wierklech net méi zäitgeméis, an duerfir gëtt dat elo net bäibehalen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech elo zu menge Schlussremarquë kommen - Dir gesitt, ech hunn e lëftege Rapport gemaach vu mengem 57-säitege schrëftleche Rapport -, wëll ech awer wierklech nach eng Serie Mercie lassginn. Et ass jo net Usus, mä dat hei war wierklech Megaaarbecht an et hunn extrem vill Leit dru geschafft a mir gehollef an een deem anere gehollef.

An duerfir wëll ech wierklech Merci soen, fir d'Éischt eisen Dammen aus der Kommissioun, dat heescht dem Tania Braas an dem Carole Cloener, an dann zweemol eise Jeffen, dem Här Jeff Fettes an dem Här Jeff Feller, mä awer och dem Lex Bodry an de ganze Membere vun der Kommissioun. Mir hate vive a kontrovers Diskussiounen, mä et war awer am Endeffekt wierklech konstruktiv. An dann och dem

Statsrot selwer, well mir hate Gespréicher mat hinnen, wou mer munche Knackpunkt konnte léisen. A mat deem System koun en Text eraus, mengen ech, deen uerdentlech ass an dee sech weise léisst.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, mir wëssen alleguerten heibannen, wéi wichteg d'Roll vum Statsrot an eise System ass a wat fir eng wichteg Aarbecht e mécht, och am Interêt vum Rechtsstat. Well kommt, mir sinn eis bewosst: Hätte mer kee Statsrot, da géife mer och Texter maachen, mä deen een oder aneren Text, dee géif eng aner Nues kréien an et wär net evident, ob se ëmmer esou positiv wären!

Well, mir sinn zwar heiansdo als Politiker generft, wa mer en Text erabrëngen an da kréie mer eng oder méi Opposition-formell vum Statsrot an da musse mer d'Käpp zesummestrecken, fir nach e besseren Text ze maachen, mä normalerweis kënn och e besseren Text eraus! An et ass scho wéi säit der Renaissance: «Du choc des idées jaillit la lumière.» A ganz oft, wann e puer Leit sech unenee reiwen, da kënn ganz oft wierklech e gudden Text eraus. Well mir wëlle jo kloer Gesetzer maachen, limpide Gesetzer, équilibréiert Gesetzer. Dat ass de Garant, fir dass mer dobausse vill manner Streidereien hunn, et ass de Garant, fir dass mer manner Prozesser dobaussen hunn.

An ech géif mengen, duerfir solle mer och an Zukunft op gutt Zesummenaarbecht mat dem Statsrot bauen.

Déi Reform, déi mer haut stëmme, dréit dozou bäi, dass d'Visibilitéit, d'Libilitéit an och d'Transparenz, déi jo heiansdo dobausse gefrot gëtt, vum Statsrot verbessert ginn. An ech mengen, wa mer dat mat deem Gesetz hei fäerdegbrëngen, da gëtt och d'Legitimitéit vum Statsrot, déi och vun deem engen oder aneren dobausse gemengt ginn ass, ugeprangert missen ze ginn, erëm eng Kéier verstärkt. An dat ass gutt am Interessi vun eise Rechtsstat an dat ass gutt am Interessi vum Schutz vun eise Bierger, well ech mengen, dat ass eis éischt an nobelst Missioun.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och der Madamm Rapportrice. An d'Wuert huet elo den éischten ageschriwwene Riedner, den Här Léon Gloden fir d'CSV.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden (CSV).**- Merci, Här President. Ech erlabe mer, direkt un dëser Plaz der Madamm Rapportrice, dem Simone Beissel, Merci ze soe fir de mëndlechen a schrëftleche Rapport. D'Madamm Rapportrice huet et gesot, mir haten eng sachlech Diskussioun an der Institutionskommissioun. Eng ganz Rei Sätzungen hu mer doriwwer geschwat. Och wa mer eis zum Schluss net konnten eens ginn op en Text, op e gemeinsamen Text, waren d'Diskussiounen sachlech an och interessant fir déi méi jonk Deputéiert, fir iwwer esou eng al Institutioun kënnen nach viles bäizelieren.

De Statsrot ass eng Institutioun, an ech géif soen, eng Institutioun sui generis. Tëscht 1815 an 1830 huet de Statsrot an der holländescher Verfassung eng „fonction délibérative“ gehat. En huet iwwert d'Propositione vum Roi-Grand-Duc ofgestëmmt an huet säin Avis „sur toute question d'intérêt général“ ofginn.

1830, nodeems de Grand-Duché un d'Belsch attachéiert ginn ass, ass de Statsrot ofgeschaaft ginn.

1848 gouf dunn eng permanent Gesetzeskommissioun gegrënnt, eng Aart Virleer vum Statsrot, déi am Virfeld vun engem Gesetzesprojet huet misse consultéiert ginn. Dës Kommissioun huet aus néng Membere bestanen; fënnf dovou goufen all Joer vun der Chamber genannt a véier vun der Regierung. Presidéiert gouf se vun engem Chambersvertreder.

Dës Kommissioun gouf 1856 vum Statsrot ersat. Dës krut dunn och riichterlech Funktiounen a Verwaltungssträitgekeiten. Dës Funktioun ass duerch de berühmten „Arrêt Procola“ jo verluer gaangen.

Och wann de Statsrot ab der méi autoritärer Verfassung vun 1856 eigentlech vun der Exekutiv imposéiert gouf, esou koun hie gestärkt aus der Revisioun vun der Verfassung 1868 ervir. All Gesetz huet am Prinzip missen engem zweete Vott ënnerbreet ginn, ausser d'Chamber an de Statsrot gi sech eens, dorobber ze verzichten; eppes, wat jo haut an 99% vun de Fäll antrëtt.

Et goufen ëmmer Stëmme, déi de Statsrot als verlängerten Aarm vum Grand-Duc, also der Exekutiv ugesinn hunn. Ech denken awer, réckbléckend kënne mer frou sinn iwwert déi gutt Aarbecht vum Statsrot iwwer all déi Joren. An d'Madamm Rapportrice huet et nach eng Kéier ënnerstrach.

An trotzdem besteet Reformbedarf.

De Paul-Henri Meyers hat dofir schonn am Mee 2015 eng Gesetzespropositioun hei am Haus deposéiert. Fir de Suspense direkt ewechzehuelen: Dat waren a sinn och d'Iddie vu menger Fraktioun. Véier Méint méi spët, den 10. September 2015, huet d'Regierung hir Gesetzesvirslag presentéiert. Op verschidene Punkten huet Aänlechkeet geherrscht. Ech denken do an éischer Linn un d'Upassung vun der Legislaturprozedur un d'Praxis. D'Madamm Beissel ass dorobber agaangen.

Op anere Punkte ware mir awer, an net nëmme mir als CSV, net averstane mam Regierungsprojet.

Net novollzéie konnte mer zum Beispill de Wëlle vun der Regierung, de Geriichter d'Kontroll vun der Urgence ewechzehuelen. Dës Kontroll ass eng Garantie géint den Arbiträr vun enger Regierung. Dogéint huet dës Chamber sech och gewiert. An d'Regierung huet et finalement agesinn, dat se do um Holzwee war.

Och war et fir eis onverständlech, dat d'Regierung eventuell Ännerungen u groussherzogleche Reglementsprojeten net méi dem Avis vum Statsrot wollt ënnerbreen. An anere Wieder hätt d'Regierung dem Statsrot e Projet virgeluecht, deen avisiere gelooss an duerno eppes aneschters beschloss. Sou kann een net schaffen tëscht Institutiounen! Béid Ännerungen hätten op alle Fall net zu besseren Texter bäigedroen.

Op anere Punkte wollt dës Regierung innovéieren. Sämtlech Avice vum Statsrot zu groussherzogleche Reglementer sollte public gemaach ginn. Et ass awer an der Saach näischt Neits. Dat ass schonn de Fall zënter engem Bréif vum deemolege Statsminister vum 6. Dezember 2008. An dat ass och gutt esou.

Op anere Punkten huet d'CSV derfir gesuergt, dat de Gesetzesprojet verbessert konnt ginn. Ech denken hei un d'Recht, dat elo am Gesetz verankert gouf, fir de Statsrot, d'Exekutivbestimmungen zu engem Gesetzestext bei der Regierung unzefuerderen.

Här President, och wa mer op eenzelne Punkten eens waren an der Kommissioun, esou goufen et awer op wesentleche Punkten divergent Vuen.

De Statsrot wor a bleift déi héchst Instanz fir de Contrôle a priori vun der Constitutionnalitéit an der Konformitéit mat internationalen Traitéen an anere Rechtsprinzipien. De Contrôle a posteriori obläit jo der Cour constitutionnelle, deen an der Verfassungsreform bäibehale gëtt.

Während den Aarbechten um Gesetzestext ware mir der Meinung, dat de Contrôle a priori misst gestärkt ginn. Mir wollten dowéinst an d'Gesetz aschreibe loosse, dat fënnf Deputéiert missten d'Méiglechkeet kréien, dem Statsrot präzis Froen zu engem Gesetzesprojet a senger Konformitéit zu héijeren Normen ze stellen. Och wa mir der Meinung sinn, dat de Statsrot insgesamt eng virbildlech Aarbecht mécht, esou ass och de Statsrot net onfeelbar. Et kann dofir och emol virkommen, dat de Statsrot eppes iwwersäit. A mir denken, dat do eben och eng Handvoll Deputéiert missten d'Recht hunn, de Statsrot unzeruffen. Fir ze verhënnere, dat dës Instrument kéint e Moya dilatoire ginn, wëllt heesche mat dem eenzegen Zil, d'legislativ Prozedur ze bremsen, hate mer virgesinn, dat de Statsrot säin Avis ee Mount no der Saisine misst ofginn.

Fir d'Leit, Här President, ass de Contrôle de constitutionnalité a priori extrem wichteg. Mir hunn et ënner anerem gesinn an de Panelen, déi d'Uni moderéiert huet am Kader vun der Verfassungsreform. Dës Modifikatioun hate mir per Amendement proposéiert. Dee gouf awer leider vun der Majoritéit verworfen. Dat ass den éische Grond, firwat meng Fraktioun dësem Projet net zoustëmme kann.

Eng vun de spannendste Froen war sécherlech d'Prozedur, fir Conseiller d'État ze ginn. Et gëtt jo heiansdo gesot, de Statsrot wier de Kierfecht vun ofgedengte Politiker. D'Kompositioun weist, dat dat net de Fall ass. Et gëtt och kritiséiert, dat Statsbeamten, déi a priori an de Ministären hëllefen, Projet-de-loien ze schreiwen, herno am Statsrot hir eege Projet-de-loien avisiere géifen.

Et ass och kee Geheimnis, dat d'Nominatioun oder richteg gesot d'Proposition vun engem Kandidat enger politescher Concertatioun virausgeet (veuillez lire: dat der Nominatioun oder richteg gesot Proposition vun engem Kandidat eng politesch Concertatioun virausgeet). Wann ee sech Spillregele gëtt, da muss een déi anhalen. Wat dës Regierung viru Kuerzem net gemaach hat! Wéi e Jurist sollt genannt ginn, deen d'Regierung awer net wollt, opgrond vu senger Parteikaart, huet se e Kandidat mat engem anere Profil genannt.

Eis Propos, an esou steet et och an der Proposition de loi vum Paul-Henri Meyers, ass, dat all Kandidat proposéiert gëtt vun der Chamber; déi Institutioun, déi direkt vum Vollek gewielt gëtt. Dës Proposition kënn net aus dem Näischt! Enner anerem de fréiere Justizminister, de Luc Frieden, an och de fréiere President vun der Chamber, de Lucien Weiler, haten am Kader vun de Festivitéiten vum 150. Anniversaire vum Statsrot d'Fro gestallt, ob et net un der Zäit wier, d'Proposition de nomination an deem Sënn ze änneren. Leider huet dës Propos, wéi gesot, keng Majoritéit an der Kommissioun fonnt.

D'Rapportrice ass drop agaangen, an et ass e bëssen den Dadda och vun dem President vun der Institutionskommissioun gewiescht, dat an d'Gesetz d'Prozeduren dra solle kommen, wéi se de facto oflafen. Mä de Statsrot hat do grouss Bedenken. De Statsrot huet sech och dergéint ausgeschwat, géint d'Concertatioun tëscht de Gruppe voire Sensibilités politiques a géint d'Concertatioun tëscht de verschidenen Organer, fir dat dat an dem Gesetzestext géif verankert ginn.

De Statsrot huet hei eng Opposition formelle formuléiert an dofir ass et net am Text zrëckbehale ginn. Den Text, deen elo finalement hei zum Vott kënn, gesäit vir, dat d'Proposition vum Statsrot «tient compte des partis politiques représentés à la Chambre», ënnert der Konditioun, dat se dräi Sätz kruten an deene leschten zwou Wahlen. Och muss eng Représentation équilibrée sinn tëscht Mann a Fra, soudatt net manner wéi siwe Leit vum Sexe sous-représenté am Statsrot sätzen. Hei stellt sech fir eis awer nach ëmmer d'Fro, wien dat kontrolléiert a wat geschitt, wa sech net dru gehale gëtt. Den Text riskéiert, Lettre morte ze bleiwen.

Här President, eng aner interessant Fro, déi sech gestallt huet, war natierlech de Profil vum Kandidat. Een, deem säi Profil kloer ass, ass dee vum Ierfgroussherzog. Dee gëtt direkt vum Grand-Duc genannt. Fir déi aner Profiller sinn d'Meenungen auserneegaangen: dräi Profiller, zwee Profiller oder nëmme ee Profil?

Mir haten als CSV virgeschloen, dat bei alle vakante Posten de Statsrot à titre indicatif e Profil ugëtt an à titre subsidiaire d'Profiler fir d'Postes vacants à venir. An den Diskussiounen mam Statsrot ass finalement zrëckbehale ginn, dat de Statsrot zwee Profiller virgëtt fir all Vacance de poste. Dës si Guidelines fir d'Institutioun, déi d'Kandidate soll virschloen.

Här President, een anere wichtige Punkt huet sech mat der interner Funktiounsart a -weis vum Statsrot befaasst. Ech erënneren an deem Kontext un eng Iwwerschrëft vun engem „Lëtzebuerger Wort“-Artikel vum 8. Dezember 2016: „Dunkelkammer mit Reformbedarf“.

Zu der Transparenz vun den Decisiounen, déi de Statsrot hält, jo, do gëtt et etlech Meenungen: De Vott muss public gemaach ginn; den Numm vum Rapporteur soll ugi ginn; wéi vill Leit derfir an dergéint gestëmmt hunn; wien huet derfir oder dergéint gestëmmt?

De Paul-Henri Meyers hat eemol virgeschloen, dat den Numm vum Rapporteur sollt ugi ginn. Finalement si mer eis eens ginn, dat d'Zuel vun de Conseillere ugi gëtt, déi un der Decisioun vun der Dispens vum zweete Vott deelgeholl hunn, souwéi d'Zuel vun deenen, déi derfir an dergéint gestëmmt hunn.

Här President, et ass wichteg, dat d'Institutiounen ënnerene sech den néidege Respekt zollen. Wéi wëlle mer géint déi esou oft genannt politesch Verdrossenheet ukommen, wa politesch Spillercher tëscht den Institutiounen gespillt ginn? D'lescht Zäit sinn eng Rei Aussoen, besonnesch vun der Regierungssäit, vis-à-vis vum Statsrot komm, e géif net schnell genuch schaffen, d'Avice wieren ze politesch, insbesontere vum Innenminister, deen des Éfteren de Statsrot kritiséiert, well d'Avisen net an der Zäit kommen, wéi hie sech dat virstellt oder wéi hie se gär politesch hält; spréch Kierchefabriken, CGDIS.

Eist institutionellt Verständnis ass, dat all Institutioun hir Aufgabe muss kënnen erfëllen, esou wéi d'Verfassung an d'Gesetz dat fir déi betreffend Institutiounen virgesinn. A beim Statsrot ass dat eben d'Avisiere vu Gesetzestexter mat der néideger Suergfalt. Si mer der Meinung, dat de Statsrot net schnell genuch schafft, hätte mer jo kënnen d'Zuel vun de Conseillere an d'Luucht setzen. Mä dat wollt jo och keng Partei!

Ëm eppes beneiden ech d'Membere vum Statsrot: Si hu mat déi schéinst Vue iwwert d'Stad an déi bescht Plaz fir d'Freedefeier op Nationalfeierdag!



Här President, dëst gesot, opgrond vun deenen Erläuterungen, déi ech ginn hunn, wäert meng Fraktioun géint dëse Projet stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Nächste Riedner ass den Här Eugène Berger fir d'DP.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Jo, Merci, Här President. Eigentlech hätt ech net méi missen d'Wuert ergäifen an den Här Bodry war och scho prett,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo.

► **M. Eugène Berger (DP).** - ...fir hei op d'Riednerpult ze kommen, well eigentlech d'Rapportrice Simone Beissel wierklech en exzellente schrëftleche Rapport vu 57 Säiten an awer och haut de Mëtten e pertinente mëndleche Rapport gemaach huet. Ech wëilt hir och duerfir besonnesch felicitéieren, och well se d'Fonctioun an d'Wichtigkeet an d'Roll vum Statsrot an eisem institutionelle Gefüge duergestallt huet.

Ech muss awer soen, datt ech awer trotzdem elo kuerzfristig decidéiert hunn, hei ganz kuerz zwou, dräi Remarquen ze maachen, nodeems ech och ufanks der Woch eng Pressekonferenz héieren hat vun der gréisster Oppositionspartei an och elo hirem Spriecher opmierksam nogelauschert hunn, a wou ech och elo awer iwwerrascht war, datt net de Paul-Henri Meyers, Auteur vun enger Proposition de loi, déi eigentlech d'Positioun vun der CSV duerstellt, datt deen net d'Wuert ergraff huet.

Dat einfach fir ze soen, datt ech awer trotzdem e bëssen erstaunt sinn iwwert déi Aart a Weis, wéi hei déi gréissten Oppositionspartei sech bei esou engem wichtige Projet abruucht huet, a wou ech muss soen, datt dat ënnert dem Stréch fir mech oder fir eis awer net ganz konstruktiv ass, wat mer bedauern.

Ech wëll net op de ganzen Historique agoen. Bon, déi eenzel Parteien hate jo opgrond vun engem Questionnaire hir Positiounen eragin. An do war sécher Sputt, do war sécher Raum, fir kënnen awer zesummenzefannen. Dat war jo och d'Zil eigentlech hei vum President vun der Kommissioun, awer och vun der Rapportrice, ech mengen, vun eis alleguerten, datt mer e Konsens an all deene Froe kéinte fannen.

Bon, also praktesch zu deemselwechte Moment huet, wéi mer an der Kommissioun mat den Aarbechten ugefaangen hunn, d'CSV du mat der Proposition de loi vum Paul-Henri Meyers decidéiert, en anere Wee ze goen, hir eege Propositionen eranzebréngen, a vun do u war et dann natierlech schwéier, fir e gemeinsame Wee oder e gemeinsamen Text ze fannen.

Ech muss och soen, datt d'Chamber versicht huet, besonnesch am Virfeld och en intensiven Austausch ze hu mat dem Statsrot selwer, wat jo ee vun den Haaptbetroffenen ass, an datt mer jo och opgrond vun deenen Awänn déi eng oder aner Saachen an eisem Text ernannt hunn. Eigentlech ass et awer och esou, datt d'CSV deen Dialog mam Statsrot net ofgewart hat, mä doduerjer, datt se Proposition-de-loi erabruucht huet an och eigentlech net am Endeffekt op verschidden Awänn vum Statsrot zu hire Propositionen agaangen ass, huet se sech praktesch kloer géint d'Propose vum Statsrot gestallt.

Wéi gesot, et ass eigentlech och verwonnerlech, datt den Auteur vun deene Propositionen, de Paul-Henri Meyers, wat jo awer en unerkannte Spezialist ass an dee mer awer och kennen a senge pertinenten Argumenter, datt deen net haut de Mëtte selwer déi Propositionen hei presentéiert huet, fir se dann och ze verteidegen.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Et ass awer léif, datt Dir wëllt decidéieren, wie mir eraus-schécken! Ech mengen, datt ass eise Problem an net Ären. Dofir...

► **M. Eugène Berger (DP).** - Neen, neen, ech soe just, et ass erstaunlech, well ech weess net...

(*Interruption*)

Et ass erstaunlech, ech kennen net vill Proposition-de-loien hei - et ginn der jo eng Rei hei...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Wësst Der, Här Berger, mir hunn eppes zesummen an der Kommissioun ofgemaach.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Här President, dierf ech wann ech gelift meng Ausféierunge fäerdeg maachen? Et ass einfach erstaunlech, ech mengen, ech hunn awer an deene leschten zwanzeg Joer déi eng oder aner Proposition de

loi hei an der Chamber mat diskutéiert, bei där awer gewéinlech den Auteur vun der Proposition de loi da selwer dat och hei op der Tribün verteidegt oder exposéiert huet.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Also, Dir hätt wierklech gär, datt mer eis nach sollen aschreien hannendrun, wann Der elo weiderfuert!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Neen, Här President, ech hunn einfach nëmme meng Verwonnung hei zum Ausdrock bruecht.

(*Brouhaha*)

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech si méi verwonnert iwwer Är Ausso.

► **Une voix.** - Mir si verwonnert iwwer lech och!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Neen, mä et ass jo och esou, och onofhängeg dovunner, datt en elo hei net déi Argumenter presentéiert, en hat se och eigentlech an der Kommissioun..., oder den normale Wee wier jo dann och, datt ee säi Rapport mécht zu senger Proposition de loi an datt een dann eben och wierklech gesäit, datt et zwou verschidden Approchë sinn.

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Dir hutt der Madamm Beissel net no...

► **M. Eugène Berger (DP).** - Den Auteur hat och ebe proposéiert, well awer d'Kommissioun domat d'accord war, datt eigentlech säi Rapport och sollt dann an de Rapport vun der Rapportrice mat integréiert ginn.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dat hu mer gemeinsam ofgemaach!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Si huet dat dunn och gäre gemaach. Et ass e bësse komesch dann herno, datt eigentlech dann op Demande vun engem Auteur vun der Proposition de loi dat an en anere Rapport mat iwwerholl gëtt, an dann awer déiselwecht, oder dann den Auteur an och déi zoustänneg Partei net dee Rapport stëmmen. Also ass do awer eppes...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Also ech fannen et e bësse komesch, datt Dir komesch fannt, datt dat, wat mer ofgemaach hunn, elo gemaach gëtt.

(*Interruptions*)

► **M. Eugène Berger (DP).** - Also einfach, Här President, zur Prozedur, souwuel...

(*Brouhaha général*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Einfach zur Prozedur, Här President: datt also hei awer eng Rei Elementer sinn, déi net onbedéngt an déi Richtung gaange sinn, datt een hätt kënnen konstruktiv op e gemeinsamen Text kommen.

Bon, virdru sinn och eng Rei Argumenter virgedroe ginn, firwat d'Opposition, d'CSV, deenen Text net ka matdroen. Ech wëll elo net op all déi Awänn agoen, ech hat gesot, ech wär kuerz. Vläch awer just: Si hunn haaptsächlech zwee Punkten, wou se hire Blockage erklären, dat ass - ëm wat geet et bei deene Propositionen? -: Éischters wëlle si, datt an Zukunft just nach d'Chamber d'Membere vum Statsrot nennen dierf, an zweetens wëlle se, datt d'Chamber och bei Froe vun nationalem Interêt den Avis vum Statsrot ka froen. Hei wëll ech zwou Saache bemerken:

Éischters huet de Statsrot selwer - deen huet selwer! - a sengem Avis dës zwou Propositionen kritiséiert a sech géint hir Emsetzung ausgeschwat. Dat ass eigentlech elo emol net, ech soen, d'Majoritéit, déi dat gemaach huet, mä dat ass de Statsrot selwer, deen domat Schwierigkeiten hat.

Ech muss awer soen, datt mir och Schwierigkeiten hunn, besonnesch bei deem Virschlag vun der CSV, fir de Statsrot exklusiv vun der Chamber stëmmen ze loossen, well domat eigentlech jo awer de Statsrot praktesch a senger Fonctioun, a senger haiteger Fonctioun ofgeschafft gëtt! Dat wier jo awer am Endeffekt eng fundamental aner Approche. Wann de Statsrot vun der Chamber genannt gëtt, da wier e jo praktesch eng Emanatioun vun der Chamber. Dat wieren am Endeffekt dann eigentlech d'Volleksvertreieder - mir vertrieden d'Vollek -, am Endeffekt also géif de Statsrot praktesch vum Vollek gewielt oder designéiert ginn.

An ech mengen, dat ass awer net dat, wat och am Sënn vun der Verfassung ass, wéi eis Verfassung de Statsrot gesäit oder wat fir eng Roll se fir de Statsrot virgesäit. Da géif de Statsrot praktesch eng zweet Chamber ginn. Et géif eppes wéi eng Aart Senat ginn, an ech mengen, dat wëlle mir net an dat wëllt och eis Verfassung net. Duerfir kënnen mir mat esou enger Proposition net d'accord sinn, de Statsrot och net, well de Statsrot ass fir eis eng Institution, eng onofhängeg Institution, déi e juristesche Contrôle vun de Projet-de-loien a

vun de Règlements grand-ducaux mécht. Ech hunn dat elo vereinfacht, mä dat ass eigentlech d'Roll vum Statsrot an duerfir kann deen also net vun den..., well dat ass net de Sënn, datt dee vum Vollek oder vun de Volleksvertreieder genannt gëtt.

Bon, ech hat gesot, an der Prozedur - ech hat domadder och ugefaangen -, ech fannen et eigentlech komesch - an et ass méi eng generell Remarque, déi awer och hei dann an de Kader erapasst a mat där ech dann och scho kann ofschléissen -, et ass awer komesch, wann eng Fraktioun, an net egal wat fir eng, eng Pressekonferenz ofhält, wou se am Fong näischt anescht seet, annerhalleft Joer, knapps annerhalleft Joer virun de Wahlen, wéi datt se eigentlech keng verfassungsrechtlech an institutionell Reforme méi kéint matdroen.

An ech mengen, hei huet een awer d'Gefill, datt dat Politique politicienne ass, amplat datt déi gréisst Oppositionspartei hir Verantwortung soll iwwerhuelen! Well déi gréisst Oppositionspartei iwwerhëlt hei net hir Verantwortung, wann et ëm de Renouveau an d'Modernisation vun de lëtzebuergeschen Institutionen geet, Här President, net bei dem Verfassungsreform-Referendum, net bei dem Conseil de la magistrature an och net hei bei der Reform vum Statsrot! Ech muss soen, Här President, dat bedauere mir zudeist.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Mir däerfe jo awer nach an eisem Projet dat stëmmen,...

► **M. Eugène Berger (DP).** - Jo, mir bedauern...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - ...wat mer wëllen, ouni datt Dir hei eis beléiert, sot!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Et ass nach genuch Riedezäit...

► **M. Eugène Berger (DP).** - Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - ...fir jiddwereen do, fir kënnen Positioun ze bezéien. Den Här Berger huet d'Wuert, an hien eleng.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Här President, mir bedauern zudeist, an duerfir och den Appell un d'CSV, un déi gréisst Oppositionspartei, fir konstruktiv hir Responsabilitéit an esou Dossieren ze iwwerhuelen. D'DP op alle Fall huet hir Responsabilitéit iwwerholl. An ech ginn duerfir och am Numm vu menger Fraktioun hei den Accord zu dësem Projet de loi.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Berger, erlaabt Der ofschléissend eng Fro vum Här Gloden?

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Merci, Här President. Den Här Berger huet elo hei gesot, doduerch, datt mir proposéieren, datt d'Conseilleren nëmme vun der Chamber sollte proposéiert ginn, géif de Statsrot seng Onofhängegkeet verléieren. Dat huet den Här Berger hei elo op der Tribün gesot. Duerfir meng Fro, Här Berger: Mir als Chamber nomméieren de Mediateur, oder fir d'Kannerrechter den ORK. Sidd Dir der Meinung, datt déi Institutionen doduerch hir Aarbecht net onofhängeg maache kënnen?

► **M. Eugène Berger (DP).** - Här President, ech widderhuelen nach eng Kéier: Wann een de Statsrot integral a senger Kompositioun vun der Chamber stëmmen oder ernenne léisst, dann ass et eng Emanatioun vun der Chamber. Effektiv, den Ombudsmann, kann ee soen, ass op eng gewëssen Aart a Weis eng Emanatioun vun der Chamber, déi deen en place setzt, fir ze kucken, datt am Land d'Leit kënnen an administrative Froe verteidegt ginn. Mä hei, mengen ech, sinn awer zwou verschidde Paire-de-manchen, wann ee seet, d'Chamber ernannt zum Beispill den Ombudsmann an d'Chamber géif elo de Statsrot ernennen, dee wierklech fundamental aner Aufgaben huet an dee jo wierklech an där Hisiicht och an der Verfassung eigentlech eng aner Roll zougedroe krut.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Et ass vill méi neutral, wann d'Regierung en nennt!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - D'Madamm Rapporteur freet d'Wuert fir eng Präzisioun.

► **Mme Simone Beissel (DP), rapportrice.** - Jo, Här President, ganz kuerz. Ech weess net, de Léon Gloden war jo awer an de Sitzungen derbäi. Ech verstinn einfach net, wéi en dat do elo ka soen, well d'Kommissioun an de Statsrot hu sech toutes griffes dehors gewiert dergéint - an den Eugène Berger huet dat elo just nach eng Kéier rappéléiert -, dass de Statsrot no 161 Joer op eemol en Anhängsel vun der Chamber sollt ginn! Ech hunn dat virdrun, mengen ech, awer an all Kloeerheet och hei vun der Tribün gesot. An elo kommt Dir erëm domat, ze froen...!

Dir waart dach bei den Diskussiounen derbäi an Dir hutt gemierkt, dass kee Mënsch dat

wollt! Elo kommt Dir erëm domat gefuer, wéi wann dat eppes Extraes wär. Neen, de Statsrot soll eng eegestänneg Institution bleiven an net en Anhängsel vun der Chamber ginn! Well Dir kënnt dat net mat Mediateuren a mat Cour des comptes vergläichen. Entschëllegt, mä ech sinn absolutt net mat lech d'accord!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - A mir net mat lech.

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Mir sinn absolutt net mat lech d'accord.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech mengen, d'Wuert huet elo den Här Alex Bodry fir d'LSAP.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, déi dote Fro wäert mech och nach hei e bësse beschäftegen. Mä ech wëllt awer virdru vläch drop hiweisen, well dat och net esou am Exposé des motifs aus dem Regierungsprojet ervirgaangen ass, dass wuel dës Koalitioun sech an de Programm gesat huet, fir déi Reform vum Statsrot ze maachen, mä dass dat net den éischte Versuch ass eigentlech och an dësem Jorhonnert, fir eng Reform vum Statsrot ronnzebréngen.

Am Joer 2006 war et den deemolege Statsminister, den Här Juncker, deen an där Regierung iwwert de Projet de loi 5458 datselwecht probéiert huet, awer dee Projet ass avortéiert ginn, kann ee soen, vun der Chamber selwer, well mer, nodeem mer och Récksprouch mam Statsrot geholl hunn, decidéiert hunn, dass mer eis Aarbechten net méi géifen op deem Projet do weiderféieren.

Et ass och esou gewiescht, dass nach zum Schluss vun der leschter Period eng grouss Consultatioun lancéiert ginn ass vun der Regierung opgrond vun Aarbechte vun engem sougenannten interinstitutionellen Aarbechtsgrupp an och op Wonsch vun der Chamber, eng Consultatioun och vu sämtleche Fraktiounen a Sensibilitäten, wat hir Virschléi wäeren zur Reform vum Statsrot.

Et war also ëmmer eng Approche do virdrun an och haut, fir eng Reform an engem breede Konsensus ze maachen. Dës Regierung ass an deem Geescht weider un déi Reform erugaangen. An esou hu mer eigentlech och eis Aarbechten an der zoustänneger Chamberskommissioun organiséiert, dass mer, wann et ëm Reforme vun Institutionen geet, do breet Majoritéite kréien.

An ech bedauere wéi mäi Virriedner hei, dass déi gréisst Partei an der Chamber eigentlech a mengen Aen awer op relativ lichtgewichtegen Argumenter elo e Refus hei mécht, fir déi heite Reform ze stëmmen. Et ass wahrscheinlech déi éischt institutionell Reform, déi net hei am Sënn vun engem breede Konsensus vun dësem Parlament gestëmmt gëtt.

Ech bedauern dat, well eigentlech och d'Atmosphär vun eisen Aarbechten an der Chamber net onbedéngt dorobber higewisen huet, an zemoos och, wat e bëssen erstaunlech ass, well ee vun deenen zwee Grënn, déi ugefouert gi si vun der CSV, fir deen heiten Text net ze stëmmen, emol an hirer eegener Proposition de loi net dra war, geschweige dann an där schrëftlecher Stellungnam, déi se am Joer 2012 agereecht huet zu der geplangter Reform vum Statsrot.

Ech stellen dat einfach nëmme fest. Mä dat schéngt sech e bëssen an eng Strategie vun der CSV eranzeschreien, wat déi gesamt institutionell Reformen ugeet,...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Mir hunn awer Reformen ugereegt. Dir hutt all eis Propositionen um Dësch vun der Kommissioun leie gehat!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...fir sech eigentlech, wat de Wahltermin méi no kënnt,...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dir hutt all eis Propositionen op Ärem Dësch gehat!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...aus deem noutwendige Konsensus erauszebewegen an hir eege parteipolitesch Kaart an institutionelle Froen ze spillen. Ech fannen dat keng gutt Approche, fir un déi doten Dossieren erunzegoen.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Mir hätten och léiwer kënnen matstëmmen.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dës Regierung muss een, ob dat der CSV gefält oder net, zegutthalen, dass se do Neel mat Käpp gemaach huet, wou aner Regierunge virdrun an där Reform hei stieche bliwwen sinn. Si huet e kohärenten Text dohinnergeluecht, deen en neien Text eigentlech ass fir de Statsrot, dee viles vun deem iwwerhëlt, wat haut gutt leeft, deen awer eng ganz Rëtsch vu punktuellen Ännerunge virgesäit, dee virun allem och, dat ass wichtig, déi Deontologieregele fest an den Text vun dem Gesetz aschreift, soudass mer et hei sécherlech net mat enger Revolution ze dinn hunn!



Firwat sollte mer se och maachen, wat de Fonctionnement vum Statsrot ugeet? Well ech sinn der fester Iwwerzeegung, dass, mat alle Kriticken, déi een zäitweis kann, deemno wéi een dat kuckt, üben un der Aarbecht oder un eenzelnen Aise vum Statsrot, dës Institution iwwer laang Jorzéngte sech eigentlech bewäert huet, e Plus duerstellt an eisem institutionelle Gefüge an dass sécherlech munch Gesetzestext, déi mer hei stëmmen, net déi Qualitéit hätten, wa mer net kéinten op déi kompetent Aise vum Statsrot zrëckgräifen. Dat soll een, mengen ech, hei ganz kloer soen.

Et ass och an eisen Ae keng Necessitéit do, fir alles op d’Kopp ze werfen, mä sécherlech, an dat bréngt dës Reform fäerdeg, wäert herno munches méi transparent sinn. D’Zesummesetzung virun allem vum Statsrot, d’Nomination, d’Mandatsdauer wäerten, kann ee soen, e bësse méi no un demokratesch Normen erueckelen an insgesamt dierft d’Legitimitéit vum Statsrot gestärkt aus där heiter Reform ervirgoen. Dat ass an eisen Aen och den Haaptzweck vun dësem neie Gesetz.

Wat ass eigentlech de Lëtzebuergesche Statsrot? Déi Fro muss ee sech stellen. Och aner Riedner hunn dat gemaach. Wat ass dee Lëtzeburger Statsrot?

Sécherlech, wéi en agefouert ginn ass vum Wëllem III. am Kader vu sengem Statsräch 1856, war de Modell eigentlech och den hollännesche Statsrot respektiv de fransésische Statsrot, deen et deemools och scho ginn huet, an et ass drëm gaangen, an do hu se ni en Heel draus gemaach, fir eigentlech e gewëssene Contrepoids zu der gewielter Verriedung vum Parlament duerstellen. Et war vun Ufank un e berodend Organ fir politesch Autoritéiten a besonnesch fir d’Regierung, fir d’Exekutiv, an administrativen an a legislative Froen.

Ech wëll hei zitieren de Prënz Henri, de Leutnant vum Kinnek-Grand-Duc, deen an engem Message 1856 un d’Chamber Folgendes gesot huet: «Pour la législation, le Conseil d’État tiendra lieu d’une deuxième Chambre; son action deviendra une garantie pour la maturité des lois.»

Et ass also esou geduecht, dass duerchaus also de Statsrot sollt en Ersatz duerstelle fir eng zweet Chamber, e sougenannte Senat. Dat bedéngt och, dass u sech hei vun Ufank u seng Memberen net gewielt si ginn, si si genannt ginn. An de Statsrot war ëmmer en Organ, wat eigentlech selwer keng Decisiounsgewalt hat, ausser natierlech an deene gerichtliche Kompetenzen, déi en am Ufank hat.

Seng schäerfste Waff ass och nach haut d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel respektiv - dat ass souguer nach, géif ech mengen, déi Waff, déi nach driwwerstécht an hirem Effet - wann de Statsrot keen Avis gëtt zu engem Text. Quitte dass mer do am aktuelle Gesetz an och am neie Gesetz eng Méiglechkeet hunn, als Chamber do e gewëssenen Drock opzebauen, andeem mer einfach ouni den Avis vum Statsrot en éischte Vott hei an der Chamber zu engem Gesetzestext géife maachen. Da spillt jo dann en Delai vun dräi Méint, wou de Statsrot da muss säin Avis ginn.

De Statsrot ass och vun der Essenz hier ëmmer als konservativ Organ gesi ginn, en Organ, wat soll d’Ardeuren an d’Dynamik vun de gewielte Volleksverrieder e bësse bremsen. Dat gesäit een och ganz kloer an der Ried, déi de Joseph Bech 1956 gehalten huet, wéi de Centenaire vum Statsrot gefeiert ginn ass. Ech wëll hien hei zitieren: «En face du principe dynamique en politique, le Conseil d’État représente les valeurs de stabilité de tradition, telles qu’elles trouvent leur expression avant tout dans le système juridique en vigueur. (...) Ce n’est pas la politique qui doit dominer dans le sein du Conseil d’État, mais bien l’expérience, la science, l’impartialité et la modération.»

Do gesäit een also, wat eigentlech d’Aufgab vum Statsrot ass, wéi se sengerzäit virgesi ginn ass. Ech muss allerdéngs soen, dass de Statsrot sech zum Deel vun där do Missioun befreit huet. Ech kennen eng ganz Rëtsch vu Stellungname vum Statsrot, vun Aise vum Statsrot, wou een net ka soen, dass de Statsrot ëmmer gebremst hätt, fir Changementer ze maachen, wou de Statsrot awer och gewisen huet, dass en duerchaus ka progressistesche Positione verrieden, wann et ëm Reforme vu besteeënde Gesetzter geet, och vu besteeënden traditionellen Prinzipien.

An dat, mengen ech, ass och gutt esou, dass déi Mutatioun do vum Statsrot iwwert d’Jore komm ass, besonnesch natierlech eréischt nom Zweete Weltkrich. Well et ass jo awer scho bemierkenswäert, dass bis 1945 ni e Verrieder am Statsrot war, deen ee kéint plus ou moins zum lénke Parteiespektrum zielen. Et waren ausschliesslech Notabilitéiten, frierer Ministeren, frierer Direktere vu Statsverwaltungen, déi Member waren. An eréischt wéi et nom Krich zu enger Neibesetzung vum Statsrot komm

ass, sinn eigentlech déi éischt Leit dra genannt ginn, Mandatsträger, déi kënnen zum lénke Spektrum vun der Politik gerechent ginn.

Et ass also eng ganz lues Entwécklung, déi sech do gemaach huet. An déi méi staark Repräsentativitéit zumindest vun deenen haaptpolitesche Stréimungen huet sécherlech och derzou bäigedroen, dass d’Orientéierung vun den Aise vum Statsrot och zum Deel eng aner ginn ass, wéi dat u sech sengerzäit vun den Auteuren vun där Institution ugeduecht gi war.

Mä et bleift, dass, wat seng Zesummesetzung ugeet, seng Nominationsprozedur ugeet an och seng Aussoen ugeet, de Statsrot net e reng technesch, juristescht Organ ass, mä sécherlech och eleng schonn duerch seng Nominationsprozedur och politesch Aussoe mécht. E muss dat, mengen ech, mat enger gewëssener Retenue maachen, besonnesch wann et ëm grouss politesch Choix geet, déi net direkt juristesche a Rechtsprinzipien oder fonctionnel Froe mat sech zéien. Mä dat reng Technesch an dat Politescht ass schwéier vuneneen ze trennen. An ech deelen d’Meenung eigentlech, déi viru Kuerzem och de Professor Heuschling geäussert huet, dass mer et hei mat enger „Zwitterinstitution“ ze dinn hunn, mä dat stéiert mech net.

De Lëtzeburger Statsrot ass eng vun de Partikularitéiten vun eisem konstitutionelle System. Et ass eben e Statsrot, deen aner Fonctiounen huet wéi an anere Länner, well zum Deel nach ëmmer déi Iddi vun enger Fonctioun vun enger zweeter Chamber hannendrun ass, wat an anere Conseil-d’Étaten, am Frankräich, an der Belsch oder an Holland, net de Fall ass.

Mä et bleift awer, an dat wëll ech betounen, dass eise Statsrot, an esou gesäit et eigentlech och eisen Artikel 83bis vun der Verfassung vir, an de legislative Prozeduren implizéiert ass, mä awer eigentlech méi eng staark Noperschaft zur Exekutiv huet. D’Relatione maache sech normalerweis iwwert de Statsminister. Et ass esou, dass an der Verfassung steet, dass d’Regierung de Statsrot mat Froe befaasse kann. Et steet net dran: „D’Chamber kann de Statsrot mat Froe befaassen.“

Duerfir hunn ech och e bësse Verfassungsbedenken, wat d’Propositione vun der CSV op deem dote Punkt ugeet, wat déi Verfassungskontrollméiglechkeet do ugeet. Déi ergëtt sech eigentlech net aus dem Text vum Artikel 83bis, wéi mer en haut an eiser Verfassung stoen hunn, well do ausdrécklech nëmmen drasteet, dass eigentlech d’Exekutiv, also d’Regierung, kann eleng de Statsrot mat Froe befaassen. Soudass et zumindest douteux ass, wa mer hei géifen an e Gesetz eraschreiwen, dass d’Chamber oder fënnf Deputéiert dat och kéinte maachen, ob dat zu 100% konform ass zum aktuellen Verfassungstext, quitte dass deen och vum Gesetz an deene Missioun schwätzt, déi de Statsrot iwwert d’Gesetz géif kréien.

Et bleift also, dass mer et hei mat engem Organ ze dinn hunn, wat ganz staark un d’Regierung gekoppelt bleift. Et ass jo och elo am Text virgesinn, dat ass jo eigentlech net contestéiert ginn, dass et am Prinzip esou ass - dat ass haut schonn de Fall -, dass d’Regierung eigentlech fir d’Éischt den Avis muss vum Statsrot froen, an d’ideal Prozedur wier, dass den Text vun engem Projet de loi dann eréischt géif an d’Chamber kommen, wann den Avis vum Statsrot virläit. Et ass eigentlech dat, wat haut an den Texter virgesinn ass.

Et leeft haut anescht. Mir wëssen, dass dat net dee Wee ass, wéi et haut normalerweis leeft. De Projet de loi geet am Regelfall gläichzäiteg un déi zwou Institutionen: un d’Chamber wéi un d’Regierung (veuillez lire: de Statsrot).

Duerfir menge mer, dass et richtig war - do ware jo Iwwerleeunge sengerzäit derbäi -, dass déi Nominationsprozedur eigentlech un dräi Organer häng - si hängk un der Regierung, si hängk un der Chamber a si hängk um Statsrot selwer -, well déi dote komplex Dräifachprozedur fir ze nominieren déi komplex Missiounen erëmispigelt, déi de Statsrot huet, deen an d’legislativ Prozedur agräift, mä deen awer un éischer Stell e berodend Organ vun der Exekutiv, vun der Regierung duerstellt. An duerfir war ech eigentlech ëmmer, muss ech soen, egal a wat fir enger Konstellatioun mer géife stoen, e Géigner, fir dorunner eppes ze änneren a fir ze soen: „Ma neen, elo ass et d’Chamber, déi ausschliesslech déi Nominatiounen bestëmmt“, well dat, wéi gesot, där komplexer Natur vum Statsrot, besonnesch och als Berodungsorgan vun der Regierung, guer net Rechnung dréit.

Mir géifen also déi Leit erauswielen, déi besonnesch och d’Fonctioun hunn, fir all d’Reglement-grand-ducullen ze avisieren. Or, bei Reglement-grand-ducullen ass et opgrond vun der Gewaltentrennung wierklech net d’Zustännegkeet vun der Chamber, fir do matzestëmmen. Mir géifen also exklusiv déi Leit bestëmmen, déi ënner anerem dat als Haaptmis-

sionen ze maachen hätten. Dat fanne mer eigentlech net gutt.

A mir si virun allem och der Meenung, dass duerch de Fait, dass déi Nominatioun géif duerch d’Chamber lafen, net méi Transparenz garantéiert wier, wéi wann et iwwer en anere Wee géif lafen. Oder hat Dir den Androck an de leschte Jorzéngten, dass, wann hei Kandidaten an engem Vote secret vun der Chamber gestëmmt gi sinn, d’Parteien virun net matenee geschwat hätten oder net en Ofkommen vun de Parteien do gewiescht wier, äänlech wéi dat de Fall ass, wann d’Regierung déi Nominatioun virhëlt?

An ech mengen, et ass och relativ geféierlech, déi Froe vum Profil an déi Froe vun der Zesummesetzung dann eventuell op d’Reglement vun der Chamber wëllen ze drécken. Ech mengen net, dass d’Reglement vun der Chamber d’Kompositioun vun enger anerer Institution festleeë kann. Dat kann nëmmen e Gesetz maachen. Aus all deene Grënn fanne mir et als LSAP-Fraktioun eigentlech vill méi logesch, bei deem aktuelle Regime vun der Nominatioun ze bleiwen an do net praktesch e Paradigmewiessel anzeféieren. Da misst een och nach a ganz anerem Dispositione vum Gesetz parallell Ännerunge maachen, fir dass dat doten eigentlech kohärent wier an och e Sënn géif erginn.

Woufir mer eis allerdéngs staark gemaach hunn, an de Léon Gloden huet et gesot, an ech selwer hunn och ëmmer dorobber insistéiert, wat mech nach haut stéiert a wat mer net ganz ewechkréien - et gëtt besser, mä mir kréien et net ganz ewech -, dat ass awer déi Fiktioun vun enger Prozedur vun öffentlecher Ausschreiwung, déi mer wäerte behalen, obwuel mer elo jo och hei ganz kloer soen - dat gouf jo och net contestéiert -, dass awer de Conseil d’État eigentlech plus ou moins och déi laangfristeg politesch Zesummesetzung vum Parlament soll erëmispigelen, wat eng gutt Saach ass. Wat och notament enger Sensibilitéit, déi vläicht keng Fraktiounsstärkt huet, déi awer mindestens dräi Deputéiert iwwer eng gewëssen Zäit huet, och eng Garantie gëtt, fir och kënnen am Conseil d’État ze sinn.

An och dat Kräfteverhältnis vun de politesche Familjen ënnereneen, dass dat och laangfristeg gesi grosso modo besser klappt, wéi dat an der Vergaangenheet heiansdo de Fall war, well et ëmmer déi jeeweileg Regierungsparteie waren, déi déi dote Saachen diskutéiert hunn, heiansdo anerer mat consultéiert hunn; an dat ass en onzefriddestellende System.

Mir kréien en net ganz ewech, mä zumindest kommen awer hei eng Rei vu Richtlinnen an de Gesetzestext eran, souwuel wat déi politesch Zesummesetzung vun deem Conseil d’État ugeet, déi wäert méi equilibriert ginn, wéi och wat d’Geschlechterzesummesetzung ugeet, déi och wäert méi equitabel ginn. A schlisslech bleiwe mer och der Meenung, dass déi Iddi vum Profil - elo sinn et hei zwee Profiler, déi eigentlech virgeschloe ginn - eng gutt Entscheidungshëllef duerstellt fir déi, déi müssen de Choix vun de Leit treffen, an och weider zu enger Kompetenzstärkung vum Conseil d’État wäert kënnen bäidroen, wann u sech do versicht gëtt, dat doten anzehalen.

Mir wëssen, dass ëmmer Ausname gemaach gi sinn. Dat gëtt awer, muss ech soen, mat deem neien Text vill méi schwéier. An dat ass zumindest dee Minimum, dee mer hei fäerdegbruecht hunn, fir op deem dote Punkt also an deem Sënn méi Transparenz eranzebréngen an eigentlech och d’Repräsentativitéit vun dem Statsrot, wou och vill vu senger Legitimitéit drunhängt, eropzesetzen.

Ech kéint hei och nach op ganz vill Saachen agoen. Mir hunn och op verschidde Saache verzicht, nodeem mer de Conseil d’État nach eng Kéier dozou gehéiert hunn. Et ass drop verzicht ginn, fir eng Diskussioun ze féieren, ob ee soll d’Zuel vun de Conseil-d’Étaten (veuillez lire: vun de Membere vum Conseil d’État) eropsetzen. Et ass nach eng Kéier bestätegt ginn, dass dat net de Wunsch vum Conseil d’État selwer ass. A mir, d’Chamber an och d’Regierung, hu jo éischer d’Option geholl, se dann ze ënnerstëtzen, andeems u sech hir Mataarbechter staark eropgesat ginn, fir esou eigentlech eng Beschleunegung vun hiren Aarbechten méiglech ze maachen, wou jo heiansdo och reell Problemer sinn, dat dierf een hei och net ënnerschätzen.

An duerfir brauche mer och weiderhin deen interinstitutionellen Dialog, dee sech haut, mengen ech, e bësse méi einfach mécht, och zu eenzelne Projet-de-loien, och tëscht de Chamberskommissionen an dem Statsrot, wéi dat nach vläicht virun zwanzeg Joer de Fall war. Do sinn och eng Rei vu Berührungsängschte verluer gaangen.

Ech wëll nach eng Kéier soen, dat si keng Verhandlungen, déi do gefouert ginn, well ech dat heiansdo emol esou héieren a gelies hunn.

Wann eng Kommissioun oder eng Regierung sech mam Conseil d’État trifft, dann ass dat net, fir ze verhandelen - mir sinn net an där Logik vu Verhandlungen -, mä fir d’Argumenter ze héieren vun deem engen a vun deem aneren, fir doropshin da vläicht Texter ze maachen, déi kënnen den Accord vun alle Säite fannen. Dat ass eigentlech d’Approche, wéi een un déi dote Fro erugeet.

Wat mer net zrëckbehalen hunn, dat ass dee Virschlag, deen elo nei vun der CSV komm ass. Dee war, wéi gesot, bis virun e puer Méint net an der Diskussioun. Dat ass deen, dass fënnf Deputéierter de Statsrot mat enger spezifischer Fro vu Verfassungsméissegkeet saisieren kéinte bei engem Projet, deen e souwisou eigentlech ze avisieren huet.

Do soe mir: Dat ass iwwerflësseg, well eng vum Statsrot sengen Haaptmissionen ass am Artikel 1 vum neie Gesetz festgehalten, an en huet déi och schonn haut. Dat ass eben, ënner anere d’Verfassungsméissegkeet vun den Texter ze kucken, déi e virgeluecht kritt, an d’Konformitéit zum internationale Recht an zu de grouss Rechtsprinzipien. Duerfir gesi mer eigentlech net an, wat dat doten zousätzlech géif bréngen.

Wann ee wëllt dorauser wierklech eppes maachen - an ech si gär bereet, déi doten Diskussioun nach eng Kéier mat an d’Institutionskommissionen ze huelen -, wann ee wierklech wëllt déi Verfassungsfro do am Virfeld definitiv klären, da bréngt et menger Ansicht no näischt, nach eng Kéier e berodend Organ mat där dote Fro ze befaassen, déi et schonn ze kucken hat. Mä da géif et Sënn maachen - wann een dat wëllt -, dann d’Cour constitutionnelle ze befaassen: Da kritt een déi Affär trancheiert! Da weess een, wou een drin ass! Dat anert bleift ëmmer nëmmen en Avis.

Mä bis elo war dat doten och bei der CSV kee Punkt, wou eng Begeeschterung do war, fir op deem dote Wee ze goen, fir also och enger gewëssener Zuel vun Deputéierten - dat missten der menger Usicht no awer schonn e bësse méi wéi fënnf sinn - d’Méiglechkeet ze ginn, fir d’Cour constitutionnelle, wann e Bedenke besteet, mat enger Verfassungsfro ze befaassen, ier e Gesetz a Kraaft trëtt. Wann een dat also géif maachen, dat géif weinstens Sënn maache par rapport zu deem, wat d’CSV hei an deem heiten Zesammenhang proposéiert huet.

Här President ...

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Da féiere mer déi Diskussioun!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Wat gelift?

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Da féiere mer déi Diskussioun nach eng Kéier. Dat ass jo Är Proposition.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Jo, gären. Mir hu se schonn zweemol gefouert, mä ech sinn awer gär bereet. Wann d’CSV och do elo eng aner Meenung huet, da sinn ech gär bereet, fir déi heite mat hinnen ze féieren.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Neen, neen, net grad esou...

(Interruptions)

Mir féieren d’Diskussioun.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- D’Zäit leeft mer fort, Här President. Ech wollt nach all déi gutt Saachen opzielen, déi soss nach dra sinn: d’Begrenzung vun der Mandatsdauer, déi erofgesat gëtt, och d’Begrenzung vun der Mandatsdauer vum President respektiv indirekt och vun de Vizepräsidenten, d’Fakultéit vum Statsrot, fir d’Regierung iwwer Projets de règlement ze froen, déi sech am Domaine réservé de la loi befannen, och d’Limitatioun, wat d’Bedeelegung vun der groussherzoglecher Famill am Statsrot ugeet, dat op den lergroussherzog ze begrenzen.

Ech hu scho gesot: d’Definitioun vun engem Profil, d’Asetze vun engem Comité de déontologie, deen ausserhalb vum Conseil d’État eigentlech muss zesummegeat ginn, mat disziplinaresche Strofen, dass de Règlement d’ordre intérieur och an d’Gesetz iwwerholl gëtt. A virun allem, dass och d’Aise vum Statsrot, wat d’Projets de règlement grand-ducaux vun der Regierung ugeet, an Zukunft effentlech wäerte sinn, also automatesch effentlech sinn an déi aner Froen effentlech ginn, wann d’Regierung dermat d’accord ass, dat ass, mengen ech, e Plus par rapport zu haut.

Déi verréckten Iddi - ech kann et hei soen - vun der Regierung, fir an engem gewëssene Moment wollten ze soen, dass d’Gerichter net méi kéinten iwwerpräifen, ob d’Urgence gi



wier bei engem Reglement, do si mer mengen ech alleguerter frou, dass mer déi schnell erëm vergiess hunn an dass do déi rechtsstaatlech Regeln an Zukunft och voll wäerte spille kënnen.

Fir eis als LSAP-Fraktioun...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Do ware mer mat der Majoritéit mat d'accord.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- ...ass dat heiten, mengen ech, e gudden Text. Et ass eng Reform, déi fortschrëttlech ass, déi eis weiderbréngt, an duerfir wäerte mer se och stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Bodry. Nächste Riedner ass den Här Claude Adam fir déi gréng.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mer haut de Projet de loi 6875 stëmmen, dann hu mer ee weidere Punkt vum Regierungsprogramm zu engem, wéi ech mengen, gudde virleefegen Enn bruecht.

An dem Regierungsprogramm steet, datt - an dat ass wirklech visichteg formuléiert - souwuel d'Prozedur vum der Nominatioun vum de Membere wéi och d'Fro vum der Éffentlechkeet vum hiren Aarbechte géif ënnersicht ginn. Dat hu mer an der Institutionskommission gemaach. Dat hu meng Virriedner hei gutt beluecht an ech soen hinne Merci, och fir déi historesh Exkursen, déi se gemaach hunn, an e besonnesche Merci un déi honorabel Madamm Beissel fir hire komplette mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Am Regierungsprogramm steet och, datt déi politesch Stréimungen, déi an der Chamber vertruede sinn, och op eng gerecht Manéier am Statsrot solle vertruede sinn. Dee Wëllen ass och vu kengem an der Institutionskommission ugezwéifelt ginn. A wéi dee Wëllen dann an Zukunft wäert ëmgesat ginn, dat wäerte mer dann an Zukunft gesinn.

A schlussendlech war och festgehal e ginn, datt d'Dauer vum Mandat vum Statsrot vu 15 op 12 Joer erofgesat géif ginn.

An der Institutionskommission, wou ech elo schonn e puer Joer laang d'Éier hunn, déi gréng Fraktioun ze verrieden, hu mer bis viru Kuerzem virun allem zwou Saache ganz gutt gefall:

Déi éischt Saach: Och d'Juriste si sech net ëmmer eens, och no laangen an heiansdo kontroversen Diskussiounen, an deenen et meeschtens emol net iwwer eng kontrovers Meenung gaangen ass, mä iwwer eng korrekt juristesche Formulatioun. Do ass et net einfach, ëmmer e Konsens ze fannen.

An zweetens: An där Kommission gëtt méi wéi an allen anere Kommissionen, wou ech sinn, de Konsens gesicht. An dat ass eppes, wat ech ganz interessant fannen a ganz flott fannen. Dat gëtt angeneem Diskussiounen. Bon, des Kéier ass et dann net zum Konsens komm. Ech hoffen, datt dat awer fir déi annerhallef Joer, déi eis nach an dëser Konstellatioun bleiwen, kee Schued fir eis Kommission soll sinn.

All Partei huet jo schonn oft zu enger méiglecher a méi oder manner néideger Reform vum Statsrot Stellung geholl. A wann ech déi verschidde Positiounen an Aussoe vum der grénger Partei aus der Vergaangenheet kucken, da stellen ech fest, datt mer eng ganz Rei vun eise Virstellungen net mat an dëse Projet de loi erakritt hunn, meeschtens, well se net konsensfäeg waren, heiansdo awer och, an dat wëll ech awer och soen, well mer verschidden Aussoen haut e bësse méi nuancéiert gesinn, wéi mer se vläicht nach virun zéng Joer gesinn hunn.

Ech ginn net op all Detailler vum Projet an, mä wëll fir meng Fraktioun Stellung huelen zu den dräi Kärpunkte vun dëser Reform: dem Profill, no deem nei Membere fir an de Statsrot gesicht ginn, der politescher Gewiichtung am Statsrot an der Transparenz vun den Decisiounen vum Statsrot.

Niewent den Diskussiounen a menger Fraktioun, niewent de 15 Sitzunge vum der Institutionskommission, hunn ech besonnesch och eng Diskussioun mat de Membere vum Statsrot selwer den 18. Januar vum dësem Joer ganz hëllefträich fonnt, fir dëse Projet zu engem gudden Enn ze bréngen.

Éischtens, wat de Profill vun deenen neie Membere, déi fir an de Statsrot gesicht ginn, betrëfft: Dem Statsrot seng Missioun ass, fir all

Projet de loi, all Proposition de loi, all Amendement vun esou engem Text a fir all Projet vum de Règlements grand-ducaux ze aviséieren. Et ass duerfir och nëmme logesch, datt am Statsrot eng Rei Juriste sinn. Mindestens 11 vun den 21 Membere am Statsrot mussen duerfir e Master en droit vun der Uni.lu oder en homologéierten auslänneschen Diplom hunn. Ech mengen, datt et och fir déi aner zéng vu Virdeel ass, wa se sech schonn e puermol mat Gesetzestexter beschäftegt hunn.

Et gëtt och am Droit vill Richtungen a Spezialisatiounen. A fir de Statsrot ass et och relevant, kënnen op Kenntniser aus anere Fachbereiche, zum Beispill Économie, Ëmwelt, Relations internationales an esou weider, zréckze-gräfen. A well de Statsrot am beschte weess, op wéi engem Fachgebitt eventuell eng Verstärkung gebraucht gëtt, ass et un him, eng Propos vum engem Profill ze maachen.

De Statsrot wollt just ee Profill pro Posten schaffen an d'Chamber wollt an hirem éischte Projet dräi Profiller geliwwert kréien. D'Chamber huet - wéi ech fannen zu Recht - argumentéiert, datt mer, wa mer eist Zil vun enger gerechter Representatioun vun de Parteien am Statsrot wëllen erreechen, net just bei engem Profill bleiwe kënnen. Och wann een eenzege Profill eventuell kee Problem fir déi grouss Parteien wier, da musse mer eis awer bewosst sinn, datt mer an engem klengen Land liewen an datt d'Zuel vun de Lëtzebuerger, déi hei am Land wunnen, méi al wéi 30 Joer sinn an engem Profill vum Statsrot entsprechen, net onbegrenzt ass.

Bei deene méi klengen Parteien kéint een, deemno wéi e Profill ausgesäit, scho bal soen: „Mir wëllen d'Madamm X oder den Här Y net“, oder ëmgedréint: „Mir hätte grad just gären den Här X oder d'Madamm Y.“

Et ass jo och esou, datt niewent der Contrainte, datt musse mindestens eelef Juristen am Statsrot sinn, eng nei Contrainte kënnt: déi vum Sexe sous-représenté. Fir eis wier déi Klausel wichteg. Mir hu laang bedauert a kritiséiert, datt nëmme weíneg Fraen am Statsrot waren a mir wieren am léifsten nach e Schratt méi wäit gaangen. Mir hätten e Minimum vu 40% fir de Sexe sous-représenté nach léiwer gehat wéi déi 33%, déi mer elo festgehalen hunn. Mä ëmmerhin hu mer eng kleng Verbesserung vis-à-vis vun der aktueller Situatioun.

Zréckbehalen hu mer schliisslech, datt zwee déi Zuel ass, déi tëschent eent an dräi läit, an duerfir stellt de Statsrot an Zukunft fir all fräie Posten a sengem Gremium genau zwee Profiller op fir d'Chamber, wou dann d'Chamber gebieden ass, sech drun ze halen.

Mir hate viru Jore gemengt, all Statsréit sollte just iwwert d'Chamber nominéiert ginn. Dat hat d'CSV och gemengt. An ech hunn nach eng Kéier nogekuckt: D'CSV hat dat effektiv och esou eragereecht. Also, et ass net eréischt elo kuerz erfionnt ginn. Mir waren do also darselwechter Meenung. Mir hunn eis awer der Argumentatioun vun de Kolleegen aus deenen anere Parteien - an do si mer dann ausernegaangen - net verschloss an och Verständnis virun allem fir d'Positioun vum Statsrot gehat, dee seng Onofhängegkeet och vis-à-vis vun der Chamber wollt behalen.

De Léon Gloden hat et virdru gesot, de géigesäitege Respekt vun den Institutionen, ech mengen, dee spillt och hei. An duerfir bleift dann op dësem Punkt praktesch alles beim Alen. Déi nei Membere ginn à tour de rôle vun der Regierung, der Chamber an dem Statsrot selwer nominéiert.

All des Regele gëllen, wéi gesot, fir déi 21 Membere am Statsrot. Den 22. Member huet eng extra Stellung. Den Här Bodry ass och dorobber agaangen, de Grand-Duc héritier ass d'office Member vum Statsrot. Hie brauch also kengem Profill ze entsprechen an e brauch och net vun enger politescher Partei proposéiert ze ginn.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- E muss d'Mandat net unhuelen.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Ah, e muss d'Mandat net unhuelen. Merci fir déi Richtegstellung. Dat hat ech dann iwwersinn.

Zum zweete Punkt, Här President: Et ass allgemeng Konsens, datt de Statsrot soll als onofhängeg Institution funktionéieren. Geneesou kloer ass et awer och, datt de Statsrot selbstverständlech och eng politesch Institution ass. Och wann ech mer ëmmer erëm soe gelooss hunn, datt de Statsrot net funktionéiert wéi d'Chamber, datt am Statsrot d'Meenungen net onbedéngt no der politescher Heemecht vun de Mandatairen iwwereneestëmmen oder auserneeginn, datt et keng Fraktiounen a scho guer kee Fraktiounszwang gëtt, si mir der Meenung, datt et richteg ass, wann all Partei hirem politesche Gewicht no ka Leit an de Statsrot proposéieren.

Mir hunn als Kritär festgehalen, datt all Partei, déi an de leschten zwou Legislativwahlen op d'mannst dräi Sätz kritt huet, och proportional zu hire Sätzer am Statsrot sollt vertruede sinn. Dat schéngt eis eng korrekt Léisung. Dat erlaabt eng gewësse Stabilitéit fir des Institutionen.

Dat ass awer och eng konservativ Léisung. Eng nei Partei, déi bei deenen nächste Wahlen géif mat engem fulminanten Erfolleg aus dëse Wahlen erausgoen, hätt emol fénnef Joer kee Posten am Statsrot zegutt. An eréischt wann déi nei Partei hiren Erfolleg bei den nächste Wahlen erëm eng Kéier géif bestätegen, da géif dat d'Situatioun lues a lues fir si änneren. A wann ee kuckt, wéi a villen europäesche Länner zurzäit enorm Annerungen an der Parteielandschaft ustinn, da mengen ech dierfen ze soen, datt eis Regelung zwar gerecht ass, mä se awer och kënnen als konservativ ze bezeichnen.

Natierlech stellt sech d'Fro, wéi wichteg datt de Profill nach par rapport zum politesche Choix ass. Mir hunn net an eise Projet de loi definéiert, wat mer ënnert dem Profill verstinn. Mir loosse dem Statsrot do fräi Hand, an dat ass och gutt esou. De Statsrot muss sech Gedanken maachen, wéi en e Profill ausschreift, deen net onbedéngt op engem Diplom berout. E Spezialist an der Sécurité sociale huet kaum en Diplom, deen esou eng Spezialisatioun zerti-fiéiert.

Et dierft och net ëmmer einfach sinn ze decidéieren, ob d'Kandidaturen dem Profill dann elo och genee entsprechen oder net. D'Wuert „Profil“ ass juristesche net kloer definéiert. Bis elo war et Praxis, datt d'Profiler par rapport zu deem, deen ze ersetzen ass, geschriwwen gi sinn. An dat wäert sech an Zukunft och kaum vill änneren.

En drëtten Punkt hate mer och nach vill diskutéiert: Sollen d'Resultater vun de Votten am Statsrot public sinn oder net? déi gréng hunn hei laang am Numm vun der Transparenz gefuerdert, datt bei Votte misst public sinn, wien derfir a wien dergéint gestëmmt huet. Dat ass net zréckbehalen ginn. An ech muss soen, datt mir och während eisen Diskussiounen Zweifel komm sinn, ob déi doten Zort vun Transparenz glécklech an néideg wier.

De Conseil d'État schafft eben net mat Majoritéit an Opposition, mat Fraktiounen, mä sicht wa méiglech no Konsens. Et geet also een Avis eraus an dee gëtt gedroe vum Statsrot. De Rapport ass d'Resultat vun enger kollektiver Aarbecht am Statsrot. E gëtt an der Regel net no politesche Faarwe gestëmmt.

Wa mer elo géife verlaangen, datt ënner all Avis den Numm vun de Leit steet a wéi se gestëmmt hunn, dann hätte mer sécher méi Transparenz, mä mir kréiche gradesou sécher och méi politeschen Drock op de Statsrot. D'Sich no Konsens géif méi schwéier ginn an duerfir kënnen mir och déi Regelung, déi mer am Projet de loi zréckbehalen hunn, guttheeschen.

D'Resolutiounen vum Statsrot soen d'Zuel vun de Membere, déi um Vott deelgeholl hunn, an d'Zuel vun deenen, déi derfir gestëmmt hunn an déi dergéint gestëmmt hunn, a soss näischt méi Detailléiert.

Dat gëllt och fir déi sougenannten „opinions dissidentes“. An ech muss zwar éierlech soen, a menge Kommissionen - ech si mëttlerweil 13 Joer an der Chamber -, mengen ech, wier nach ni eng Opinion dissidente zur Diskussioun gewiescht, wat...

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV).- Dach!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- A menger Kommission och? Här Meyers, da sot Der mer dat entweder éffentlech oder herno. Ech si ganz virwëtzeg.

Här President, selbstverständlech begrësse mer och, datt mer mat dësem Projet de loi e Comité de déontologie asetzen. A selbstverständlech fanne mer et och gutt, datt mer e Kapitel „Règles disciplinaires“ mat dësem Gesetz kritt hu fir de Statsrot.

Dat gesot, bréngen ech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Adam. An den nächste Riedner ass den Här Roy Reding fir d'ADR.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Villmools Merci, Här President. Léif Kolleegen, et wäert lech net verwonneren, datt ech als ADR-Spriecher ufänken dermat ze begrëssen, datt der Repräsentativitéit vun deene verschiddene Parteien an Zukunft an der Zesummesetzung vum Statsrot soll Rechnung gedroe ginn. Dat ass eng Fuerderung, déi mer scho ganz laang hunn an déi och vun de Kolleegen vun déi gréng an och vun der DP schonn oft ënnerstëtzt ginn ass.

De facto hätt dat scho laang kënnen de Fall sinn, well de facto war d'Zesummesetzung jo ëmmer eng Decisioun vun de Majoritéitspar-

teien, an och ouni Gesetz. Wéi seet de Gast Gibéryen och esou schéin: „Ech brauch kee Gesetz, fir mech ze zwingen, dat ze maachen, wat ech fir richtig fannen.“ Also och ouni dëst Gesetz hätt ee kënnen dat Richteg maachen. Mä trotzdem begrësse mer dann, datt déi Repräsentativitéit elo legislativ festgesat ass.

De Kolleeg Claude Adam huet ganz recht, wann e seet, dat wier e bëssen zéiflësseg. Bon, hie benotzt dat Wuert „konservativ“, ech géif soen „zéiflësseg“, mä et läit an der Natur vun der Saach, well jo och d'Mandater vun de Statsréit zwielef Joer bedroen. A mir kënnen jo net ufänken, Statsréit demissionéieren ze doen, well politesch Majoritéiten änneren.

Mir waren als ADR der Meenung, de Statsrot sollt och personell verstärkt ginn, fir seng gutt a wichteg Aarbecht, déi hei mat Recht ervirgestrach ginn ass, kënnen a besseren Delaien ze erleedegen. A mir hätten also begrësst, wann d'Zuel vun de Statsréit insgesamt an d'Lucht gaange wier.

D'Qualifikatioun vun de Statsréit ass selbstverständlech fundamental wichteg. Et gouf an der Vergaangenheet, an och dat ass scho gesot ginn, Nominatiounen, wou de Bierger d'Impressioun huet misse kréien, de Conseil d'État wier en Abstellgleis fir unerwünscht Politiker. Duerfir begrësse mer als ADR expressis verbis, datt de Statsrot elo Profiller ausschaff iwwert d'Kompetenz, déi e Kandidat soll erfüllen.

An do hu mer dann och direkt e geliefert Beispill, wouzu déi onsäglech Fraequot féiere kann. Wéi den Här Statsminister, konform zur DP-Positioun, eiser Partei proposéiert huet, nom Ausschuede vum Maître Viviane Ecker am Juni 2016, den nächste Statsrotmember ze proposéieren, an dat ier d'Gesetz dat elo virgesinn huet, dunh hu mir natierlech an eise Reie gesicht, wien dee Profill ideal kéint erfüllen.

Gefrot war vum Statsrot e Spezialist am Aarbechts- an am Sozialrecht. Eise Generalsekretär, de Maître Alex Penning, Affekot, fréiere President vum Jeune barreau, huet sech ugebueden. Awer eis Proposition gouf vun der Regierung verworfen, net well dem Maître Penning seng Kompetenz a Fro stoung oder well en de Profill net erfüllt hätt, mä aus deem einfache Grund, well en e Mann war; obwuel deemools nach keng Quoteregulung virgesi war. Et dierf an eisen Aen net sinn, datt en idealen a kompetente Kandidat just duerfir ecartéiert gëtt, well en deem engen oder deem anere Sexe ugehéiert!

Dee leschte Punkt eleng wier fir eis schonn en „killing point“ a géif derzou féieren, datt mer dee Projet hei géifen ofleenen. Mä och d'Prozedur, wéi d'Statsréit sollen ernannt ginn, stéiert eis. Mir hu schonns an eise Wahlprogramm 2013 gefuerdert, datt de Statsrot sollt als berodend Organ bei der Chamber ugesidelt ginn. Duerfir si mir net d'accord, datt en Drëttel vun de Membere vun der Regierung an e weideren Drëttel vum Statsrot selwer ernannt soll ginn.

Wou op der Welt gëtt et en Organ, wat sech selwer ernannt? An dat huet näischt ze di mat Respekt vun enger Institution par rapport zu enger anerer, mä ganz einfach ass et eng Fro vum Equiliber vun de Pouvoiren. Dës Ernennungsprerogativ soll eiser Meenung no, an do si mer ganz op darselwechter Linn wéi d'CSV, bei der Chamber - a bei der Chamber eleng - leien.

Dëse System, an den Alex Bodry huet déi Schwierigkeete mat Recht ugeschwat, géif erlaben, och déi parteipolitesch Repräsentativitéit méi einfach ze garantéieren a méi praktikabel ze maachen.

Dann ass d'Iddi vum Befasse vum Statsrot duerch eng Unzuel vun Deputéierten iwwert d'Verfassungskonformitéit op den Dësch komm. An do ginn ech dem Alex Bodry net recht, wann e seet: „Ma souwisou huet de Conseil d'État jo no der Konformitéit ze kucken, dat ass also iwwerflësseg.“ Wéi oft ass et scho virkomm, datt och de Conseil d'État, och de Statsrot, e Punkt iwwersinn huet vu Verfassungskonformitéit a wou et vläicht ganz gutt wier, wann eng gewëssen Zuel vun Deputéierte kéint dorobber opmierksam maachen an eng Prise de position dozou initiéieren?

Selbstverständlech begrësse mer awer och d'Iddi vum Alex Bodry vum Contrôle a priori no engem Vott vun engem Gesetz, mä virum Akraaftfrieren, duerch d'Cour constitutionnelle. Eng absolutt laangjäreg Fuerderung vun der ADR a wou ech och net verstinn, wou do d'Retizenze sinn, well reng aus politeschen Ursaache géif keng Partei dovunner abuséieren. Par contre kéint et awer a gewëssene Fäll ganz schliëmm verfassungsfeindlech Texter verhënnere.

Schlussendlech e Wuert zu den Inkompatibilitäten. Dozou ass hei net geschwat ginn. Mir waren nach ëmmer a mir sinn der Meenung, datt verschidde Leit am Statsrot näischt ze siichen hätten. Net well mer déi Leit géife fir in-



kompetent befannen oder well déi Leit net sympathesch wieren, mä well alt nees eng Kéier wéinst dem Equilibre an der Trennung vun de Pouvoiren eiser Meenung no weder aktiv Statsbeamten nach Magistrate sollen am Statsrot sëtzen; kee Premier conseiller de Gouvernement, keen ADEM-Direkter, och wann en dee richteg Sexé huet, an och keen Avocat général.

Aus all dës Grënn deet et eis ganz leed, datt mer dës Gesetzestext net kënne gutt-heeschen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Reding. An dann ass dee leschten agedroene Riedner den Här Marc Baum fir déi Lénk.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Här President, wann ee mat engem auslännesche Gaascht duerch d'Alstad trëppelt an et gëtt ee gefrot, déi politesch Strukturen hei am Land ze erklären, dann ass déi ominéis Institutioun vum Statsrot meeschtens dat Lescht, wat un d'Rei kënnt. Et ass souguer eppes, wat een einfach-heetshalber emol gären ewechléisst. Et seet een: „Hei ass d'Parlament. Dat gëtt fir fënnel Joer vum Vollek gewielt. Do ass d'Regierung, déi gëtt vum Parlament gewielt. An do niewendrun, als Dekoratioun, do ass de Grand-Duc.“

An ier ee bei de Statsrot kënnt, seet ee sech ganz oft: „Bof, dat bréngt elo näischt, fir och nach dat doten ze erklären.“ Et ass och schwéier, fir et eise Schüler am Lycée bäizebréngen. Do kéint vläicht een een oder aneren Enseignant heibannen e Lidd dovunner sängen. An ech si mer emol net sécher, ob eng breet Majoritéit vun Erwuessenen hei am Land iwwerhaapt an der Lag wär, fir genee kënnen d'Aufgaben an de Fonctionnement an d'Zusammensetzung vum Statsrot ze beschreiwen.

De Statsrot ass fir vill Leit net richtig gräifbar, well en net an déi instinktiv demokratesch Logik vum 21. Jorhonnert erapasst. E passt net eran an déi vläicht - vläicht! - e bëssen naiv Vorstellung, datt de Pouvoir vum Vollek ausgeet an datt d'Majoritéit vun de Wilerstëmme iwwert d'Gesetz decidéiert. Seng Utilitéit, seng Daseinsberechtigung ass net esou eenditeg, datt ee se ka mat engem Saz duerstellen. An dozou dréit och zu engem groussen Deel de Mangel un Transparenz bäi.

Här President, wéi mir viru Joren ugefaangen hunn, un eiser alternativer Verfassung ze schafen, déi - an dat just niewebäi - nach ëmmer beim Statsrot pour avis läit, dunne hu mer eis vill Froe gestallt iwwert dës Institutioun. Et ware vive an déif gräifend Diskussiounen. A mir hunn eis d'Fro gestallt, ob een dann esou eppes wéi e Statsrot iwwerhaapt nach bräicht am 21. Jorhonnert. Finalement hu mer eis entschuedt, fir de Statsrot och an eise Verfassungsprojet bäizebehalen, wann och mat ganz ënnerschiddleche Prämissen.

An der Chamber hu mer déi fundamental Diskussiounen awer net esou gefouert. Do ass virun allem „kleng-kleng“ geduecht ginn op Basis vun engem net immens ambitieierten Text, dee vun der Regierung ausgeschafft gouf. Virun allem ass awer déi eigentlech Fro, déi Fro, déi ee jo dem ganze Vollek hätt misse stellen, guer net op den Dësch komm. An déi Fro ass, ob mer iwwerhaapt e Statsrot brauchen. A wa jo: firwat an a wéi enger Form?

Well wat mécht de Statsrot eigentlech genee? E kontrolléiert déi juristesche Stéchhaltegkeet an d'Kontabilitéit vun de Gesetzestexten mat schonn existéierenden nationalen an internationale Gesetzestexten. A wann e grundsätzlech juristesche Problemer fënnt, kann en de legislative Prozess in extremis temporär blockéieren.

A besonnesche Momenter vun Hybris huet de Statsrot sech selwer och schonn als „Hüter vun der Verfassung“ beschriwwen, wat menger Meenung no éischter eppes ausseet iwwert dee komplett onzouräichende Contrôle constitutionnel an der Konstruktioun vun eise Stat.

Wa mer also vun deene politesche Consideratiounen ofgesinn, déi de Statsrot sech geleeëntlech net verknäife kann, obwuel e jo eigentlech duerfir keng wierklech Legitimitéit huet, dann ass säi Rôle also dee vun engem juristesche Conseiller. An do stellt sech natierlech d'Fro, ob ee fir dës juristesche Bäistand eng eegen an der Verfassung verankert Institutioun brauch oder ob net e seriö opgestalltene juristeschen Déngscht vun der Chamber mat deem néidege Personal kéint déiselwecht Aufgaben iwwerhuelen.

Déi allermeescht Gesetzter stame jo à la base aus der Fieder vu Regierungsbeamten. A mir stellen effektiv fest, datt et do bal ëmmer legistesche, juristesche oder och konstitutionell Problemer gëtt, op déi de Statsrot opmierksam mécht. Mä wär et net eigentlech d'Aufgab vun

der Chamber als Institutioun, dës ze redresséieren?

Wat ech domadder soe wëll, ass, datt mer de Statsrot brauchen, well mer e schwaacht Parlament hunn, well d'Parlament ganz einfach bäi Wäitem net d'Personal huet, fir de Volleksvertreter déi Ennerstëtzung ze bidden, déi se eigentlech fir eng seriö legislativ Aarbecht géife brauchen. An dat ass och näischt Neies! Interessant ass awer virun allem d'Reziprozitéit vun där Feststellung: Well mer de Statsrot hunn, brauchen mer och kee staarkt Parlament. D'Existenz vum Statsrot legitiméiert also quasi e schwaacht Parlament an dat arrangéiert eng ganz Rei Leit hei am Land.

Wéi de Statsrot 1856 geschaaft ginn ass, do hat en eng ganz spezifesch Roll an engem ganz spezifesch Kontext vun der Restauratioun. En ass vum deemolege Kinnek-Grand-Duc agesat ginn, fir d'Parlament ze kontrolléieren, fir quasi opzepasst, datt d'Volksvertreter keng Dommheete géife maachen; Dommheete wéi zum Beispill méi Rechter fir d'Bierger vum Land.

D'Zäiten hu sech natierlech geännert. An d'Roll vum Statsrot huet evoluéiert, mä ech mengen, net esou fundamental, wéi ee sech dat eigentlech wënsche misst am 21. Jorhonnert. Well e fundamentale Changement hätt zum Beispill doranner bestanen, de Statsrot dem Parlament ze ënnerstellen an net, wéi bis elo, der Regierung!

Am Moment ass et jo esou, datt d'Parlament net emol de President vum Statsrot kann an eng Kommissioun convoquéieren. Fir eis wär dat e reelle Sprong no vir gewiescht a Saachen Demokratie. An duerfir hu mer dat och esou an eis alternativ Verfassung geschriwwen.

Här President, wa mer elo méi konkret op dës Reform kucken, da fällt engem schnell de Sproch vum réimeschen Dichter Horaz an: „Der Berg kreiëst und gebirg eine Maus.“ Dat Resultat, dat schlussendlech hei soll votéiert ginn, rechtfertegt op alle Fall net dee ganzen Zodi, dee ronderëm déi Reform vum Statsrot gemaach gouf, ugefaange mam Nominationsprozess.

D'Kollege vun der CSV hate jo ursprénglech proposéiert, datt d'Chamber als Eenzeg kann Nominatiounen virhuelen, an dat - une fois n'est pas coutume - ass eis ganz sympathesch gewiescht. Mä d'Majoritéit fënnt et méi flott, wa wéi bis elo ofwiesselnd de Statsrot selwer, dann d'Regierung an dann d'Chamber ka proposéieren, well soss, ech zitieren aus dem Rapport, wär «la nature multifacette du Conseil d'État» menacéiert. Dat misst ee sech eigentlech emol op der Zong zergoe loosse!

Wat also elo bleift, si kosmetesch Ännerungen ouni real Repercussiounen. Ëmmerhi bleift eis elo den Talala mat den dräi Votten erspuert.

Och datt de Statsrot am Virfeld de Profil vun de Leit definéiert, déi solle proposéiert ginn, gesi mer awer ganz skeptesch. D'Salariatskummer weist an hirem Avis mat Recht dorobber hin, datt domadder ganz vill sozioprofessionell Kategorie risquéieren, d'office ausgeschloss ze ginn. An dat ass jo awer net immens fir d'„nature multifacette“ vum Statsrot.

An dann zur Fro vun der politescher Repräsentatioun. Ech si mer guer net esou sécher, ob et gutt fir d'Institutioun Statsrot ass, wann en déi politesch Kräfteverhältnisse vun der Chamber repräsentéiert. Elo kann eng Partei ee Member am Statsrot kréien, wa se bei zwou konsekutive Wahlen op d'mannst dräi Deputéierter kritt. Zumindest soll déi Instanz, déi grad proposéiert, dës Fro Rechnung droen; zwéngend ass dat jo net wierklech.

Mir freeën eis trotzdem fir d'Kollege vun der ADR a wënschen hinnen, datt si dann och vläicht iergendwann eng Kéier eng Fra an hire Reie fannen, déi se nominéiere kënnen.

(Hilarité et interruption)

Justement, déi nei Regelung fir eng besser Repräsentatioun vun de Fraen am Statsrot ass eng vun deene wéinege bescheidenen Neierungen, déi mer wierklech begrëssen. D'Reform gesäit jo vir, datt all Geschlecht op d'mannst een Drëttel vun de Membere muss stellen, wat jo an der Praxis virun allem heescht, datt op d'mannst een Drëttel musse Frae sinn.

Mir begrëssen dat natierlech, fannen, datt dat scho laang iwwerfällg ass, a gläichzäitig bedauere mer, datt d'Regierung hei net wollt méi wäit goen an d'Richtung vun enger méi grousser Paritéit, oder zumindest dat ëmsetzt, wat fir Partei gëllt, nämlech e Prozentsaz vu 40 als Undeel fir all Geschlecht.

Dat zweet Element, dat mer nach kënne begrëssen, ass, datt elo soll de Vott iwwer all Avis publizéiert ginn, dat heescht, wéi vill Membere präsent waren a wéi vill der derfir an dergéint gestëmmt hunn. Dat ass zwar nëmmen e winze Schrëtt a Richtung Transparenz bei enger

ganz onduerchsiichteger Struktur, mä mat dëser Regierung ass ee jo gewinn, sech och schonn iwwer wéineg Fortschreter ze freeën oder, fir an der Billersprooch vun der Regierung ze bleiwen: D'Fenster gëtt hei net grouss opgerappt, mä d'Fenster gëtt zumindest zwou Minutten op kipp gestallt.

Schlussendlech hu mer also eng Reform hei, déi eigentlech den Numm esou net verdéngt huet. Et gi just e puer Plooschteren op e Patient gepecht, deen dréngend misst op Härz an Nieren iwwerpréift ginn.

Op alle Fall gëtt et mat dëser Reform net méi einfach fir d'Enseignanten am Land, fir hire Schüler de Statsrot ze erklären. Och wa mer elo net strikt géint déi verschidden Elementer sinn, esou iwwerweit dach d'Enttäuschung vun der verluerener Chance an dat Gefill, datt d'Regierung hei just pro forma e puer Ännerunge mécht, fir de Status quo besser kënnen ze verkafen.

Aus deene Grënn wäerte mir eis och beim Vott enthalten. Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet de Statsminister, den Här Xavier Bettel.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, dass ech de Koalitionsaccord virlesen, deen iwwer de Conseil d'État seet: «La procédure de nomination des membres du Conseil d'État ainsi que la question de la publicité de ses travaux seront examinées. La composition du Conseil d'État assurera une représentativité équitable des courants politiques siégeant à la Chambre des Députés. La durée du mandat sera ramenée à 12 ans.» Et ass dat, wat mer maachen! Et ass dat, wat mer proposéiert hunn, an et ass dat, wat haut och zum Vott steet. Dat heescht: Koalitionsaccord respektéiert, realiséiert!

Elo kréie mer hei de Virwurf gemaach, et wier net dat, wat sech erwaart gi ass. Hei ass de Koalitionsaccord a mir halen eis selbstverständlech un dat, wat mer och uitgemaach hunn.

(Brouhaha)

Ech wëll just soen, Här President, dass mer dat, wat mer proposéiert hunn...

Här President, ech gesinn hei schonn eng gewëssen Opreegung, mä dass awer e Statsrot,...

(Brouhaha)

...eng Reform iwwert de Statsrot esou e bëssen eppes wéi... Et gëtt vill driwwer diskutéiert an et ass net nei, an ech sinn och frou, dass den honorabelen Här Bodry driwwer diskutéiert huet, dass schonn eng Rëtsch vu Regierunge probéiert hunn, Reformen ze maachen. An ech wëll just soen, dass déi lescht Reform den 12. Juli 1996 war, ce n'était pas hier! 1996, dat sinn elo schonn 21 Joer hier. An et ass am Fong, wann ee kuckt, säit dem 19. Jorhonnert déi drëtte Kéier, wou eng grouss Reform vum Statsrot stattfënnt.

Mir haten am Regierungsprogramm ugekënnegt, de Statsrot enger Reform wëllen ze ënnerzéien. An ech wëll och awer hei, Här President, déi konstruktiv Roll vun de Fraktiounen ënnersträichen. Hei ass nämlech och mat der Conférence des Présidents eng konstruktiv Aarbecht geleescht ginn, andeem Avis gefrot gi sinn. An ech ka mech erënneren un déi Reunioenen, wou mir zesummekomm sinn als Groupe interinstitutionnel, mir an och déi verschidden Institutiounen, fir eben iwwert déi verschidde Positiounen vun de Parteien kënnen en Echange ze hunn.

Mir wollten nämlech och am Virfeld d'Partei konsultéieren an eben och duerch deen Avis, dee se eis ginn hunn, dee gréisste politesche Konsens fannen tëschent de Parteien. An d'Resultater vun dëse Konsultatiounen waren am Fong d'Basis vun där Aarbecht, op där mer de Gesetzesprojet ausgeschafft hunn, eben och fir eng grouss Zoustëmmung hei an dësem héijen Haus ze hunn.

Wat mer wëllen, ass e méi modernen a méi en transparente Statsrot, ouni dobäi d'Wichtigkeet an d'Onofhängegkeet vun dëser Institutioun a Fro ze stellen. Ganz am Géigendeel! Dës Reform soll grad dozou bäidroen, dass d'Aarbecht a seng Aarbecht an Zukunft, ob dat elo vum Bierger ass, ob dat elo vun der Zivilgesellschaft ass, ob dat vun der Politik ass oder vun allen aneren Akteuren, weider déi Unerkennung soll kréien, déi wichtig ass, an dass och de Statsrot seng Legitimitéit a seng Wichtigkeet behält.

Déi Haapterneierungen - wann Der erlaabt, géif ech op e puer Stéck agoen - sinn: eng méi

équilibréiert Repräsentativitéit vun de Geschlechter an och eng méi equitabel Repartitioun vun de Vertreder. Hei ass virdu gesot ginn: „Jo, mir krute gesot, mir hätten déi.“ Also wann een den Text, d'Benefisser vun engem Text wëllt no vir zéien, da muss een déi ganz Benefisser analyséieren, also déi ganz Dispositiounen analyséieren. Et kann een net soen: „Mir hunn als Partei een zegutt, mä déi aner Clause, déi och virgesäit, dass e gewëssenen Equilibre do ass, déi zielt net!“ Dowéinst: Wann en Text zielt, dann zielt e ganz oder guer net! An hei wollt mir eben au contraire eng Hand reechen an engem eng Méiglechkeet ginn, an déi Hand ass op där anerer Säit net ugeholl ginn.

Wat fir eis och wichtig ass, ass d'Publikatioun vun der Unzuel vun de Conseillere, déi fir oder géint en Avis oder eng Resolutioun gestëmmt hunn. Firwat? Et steet heiansdo en Avis minoritaire do. Mä wat ass en Avis minoritaire? Ass dat een oder sinn dat der aacht, sinn dat der siwen? An ech mengen, dass et awer och scho wichtig ass ze wëssen, wat en Avis minoritaire ass, ob deen „minoritaire-minoritaire“ ass, dat heescht, wierklech een oder zwee repräsentéiert, oder ass et zu engem Vott komm, dee méi enk ausgegangen ass?

An andeems déi doten Dispositiounen esou komm sinn, dass déi Transparenz esou ass, ass och zesumme mam Statsrot, mat den Institutiounen a mat der Chamber diskutéiert ginn, fir dass mer awer och net e Blockage maachen, fir dass net duerno d'Aarbechte vum Statsrot sech géife blockéieren, well dann am Fong géif do stoen, wéi eng Partei fir wat wou gestëmmt huet. An am Fong, dass dann de Conseil d'État e richtig parteilecht Organ géif ginn, wou dann d'Parteien eng géint déi aner géifen hir Avisen zrëckhalen oder net.

Dowéinst ass dat fir eis e Surplus vun Transparenz, dee mer hei hunn, ouni ze risquéieren, wéi gesot, d'Aarbechtsmethoden an de Fonctionnement vum Statsrot iergendwéi ze blockéieren. Des Weidere gëtt duerch d'Aféieren och vun deenen zwee Profiller, déi bei der Nominationsprozedur sollen och berücksichtegt ginn, am Fong d'Selektionsprozedur vun de Kandidaten optimiséiert, fir ze garantéieren, dass och déi designéiert Kandidaten esou gutt wéi méiglech den Ufuerderungen an de Besoine vum Statsrot entsprechen.

Et ass also eng Reform, déi an eisen Ae ganz am Sënn ass vun engem effikassen an och engem gutt funktionnéierende Statsrot. E Statsrot, deem seng Aarbecht ouni Zweifel - an ech wëll dat wierklech soen! - d'Qualitéit vun eisen Norme staark beräichert.

Ech weess, dass et Diskussiounen gi sinn. Hei ass och scho vun deem engen oder vun deem aneren e Minister zitéiert ginn, dee sech iwwert den Avis vum Statsrot hei vläicht net geiergt huet, awer Froe gestallt huet. Well tatsächlech, de Statsrot ass en Organ, fir d'Legalitéit ze kontrolléieren! D'Opportunitéit ass net d'Mission vum Statsrot, et ass net seng Mission, fir d'politesche Opportunitéit vu verschiddenen Texten ze analyséieren. Dat ass net d'Roll vum Statsrot!

De Statsrot ass do, wéi gesot, fir déi Legalitéit och ze kontrolléieren. An e muss duerfir och d'Moyenen hunn. An ech wëll och hei, well déi Fro gestallt ginn ass, Här President, drop insistéieren, dass, soubal dës Regierung ugefaangen huet, se och mam Statsrot - an dat wor och an deene Reunioenen zesumme mat der Chamber - gekuckt huet, fir em déi néideg Moyene kënnen ze ginn: Personalopstockung!

Personalopstockung ass dat, wat wichtig ass. Mir gleewen net, dass einfach d'Zuel vun de Conseillere an d'Luucht ze setzen et da méi einfach mécht! Et ass wichtig, dass de Pool ronderëm d'Conseillere, déi do sinn, et och erméiglecht, dass d'Aarbecht méi effikass a méi rapid ka gemaach ginn.

Mir wëllen also en impeccabile Fonctionnement vun engem Statsrot, Här President, a mir sinn och op deen ugewisen. An d'Regierung ass der Iwwerzeugung, dass dës och mat dëser Reform, déi am Fong eng wichtig Adaptatioun ass, wou en och un d'Realitäten ugepasst ginn ass, fir d'Zukunft wäert garantéiert ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Statsminister.

Mir géifen dann, wann Der wëllt, zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6875 iwwergoen.



Vote sur l'ensemble du projet de loi 6875 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ee Moment!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo?

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Beim Här Roth geet et net.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dat ass net schlëmm. Dir sidd do, an dann...

(Interruptions)

Jo, da géif ech dovun ausgoen, dass mer zu 60 drun deelgeholl hunn: 32-mol Jo, 26-mol Neen an 2 Abstentiounen. Dat misst jo dann esou opgaange sinn.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsche, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam) et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeitze;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Här Statsminister, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, ech wollt lech Merci soe fir d'Vertrauen. Mä ech wollt awer virun allem och der Rapportrice, der Madamm Beissel, Merci soe...

► **Plusieurs voix**.- Aah!

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- ...fir dee komplette Rapport, dee se hei op hir bekannten Aart a Weis gemaach huet. Ech hat dat vergiess an ech wollt dat awer wierklech korrigéieren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Une voix**.- Dann huet de Statsminister Chance.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Statsminister.

Et bleiwe mir nach zwou Froen ze stellen. Déi éischt, ob mer d'Dispens vum zweete Vott ufroen.

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Retrait du rôle de la proposition de loi 6821

An déi zweet Fro, déi riicht sech un den Auteur vun der Proposition de loi 6821, den Här Paul-Henri Meyers, ob mer mat dem Vott vun deem Gesetz déi Proposition de loi als evakuéiert kennen ugesinn.

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV).- Jo, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci, Här Meyers, dann ass och dat esou decidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, zu der Interpellatioun vum Här Marc Baum iwwert déi sougenannt „working poor“, dat heescht d'Leit, déi schaffen an awer aarm dobäi bleiwen. Den Här Baum huet d'Wuert.

5. Interpellation de M. Marc Baum au sujet de la pauvreté laborieuse (working poor)

Exposé

► **M. Marc Baum** (déi Lénk), *interpellateur*.- Merci Här President. Et ass déi mënschlech Aar-

becht, déi Wäerter schaaft, déi materiell an déi immateriell. An emgekéiert ass d'Aarbecht determinéierend an der Organisatioun vum Liewe vun de Mënschen.

Zanter der industrieller Revolutioun an dem Duerchsetze vun der kapitalistescher Produktiounsweis gëtt et eng Auseanersetzung em d'Friichte vun där Lounaarbecht, also wéi een Deel deene Leit zeguttkënnt, déi schafen a schaffen, a wéi een Deel deenen zeguttkënnt, déi iwwert d'Produktiounsmëttel verfügen. Dat war fréier esou an dat ass och haut nach ëmmer esou.

D'Aarbechtsverhältnis definéiert eise Code du travail als en „lien de subordination“, also e Beschäftegte stellt en Deel vu senger Liewenszäit an Aarbechtskraaft engem aneren zur Verfügung, deen en derfir entlount. Mä et ass a bleift en hierarchesch Verhältnis.

Mat där Aarbecht sinn an eiser Gesellschaft zwee zentral Versprieche verbonnen:

Allgemeng: D'Aarbecht schaaft Wuesstum an dee Wuesstum ass d'Grundlag vum Wuelstand a vun der Liewensqualitéit vun de Leit, déi schaffen.

An zweetens a méi spezifesch: Aarbecht erméiglecht en dezent, mënschewierdegt Liewen, Aarbecht schützt virun Aarmut oder, vereinfacht gesot, schaffe lount sech.

Här President, genee dës Versprieche sinn hei am Land net eréischt zanter Kuerzem a Fro gestallt, an engem Land, wat zu deene räichsten an Europa, jo souguer op der Welt gehéiert. Zu Lëtzebuerg hu mer en iwwerdurchschnittlech héijen Taux u Leit, déi trotz Aarbecht aarm sinn oder dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn.

Hei zu Lëtzebuerg gehéieren 11,6% vun de Leit, déi schaffen, engem Menage un, deen dem Aarmutsrisiko ausgesat ass. 11,6% si sougenannt „working poor“. Dat ass wesentlech méi wéi an eisen Nopeschlänner an dat ass och e Rekord par rapport zu deene Jore virdrun. Dat seet eis Eurostat.

A ganz Europa oder an der Eurozon sinn et just nach d'Kriselänner Griichenland a Spuenien, wou den Undeel vun „working poor“ méi héich ass. An op d'ganz EU ausgeweit huet just nach Rumänien méi e schlechten Taux wéi Lëtzebuerg.

Erstaunlech ass och, datt deen allgemengen Aarmutsrisiko - wat an der Lescht jo villersäits begréisst ginn ass - am Land zwar liicht erofgaangen ass, op ëmmer nach gigantesch 15,...%, mä datt dee vun den „working poor“ parallel zum Erofgoe vum allgemengen Taux weider geklommen ass.

Wann een elo vläicht nach novollzéie kann, datt 16,5% vun de Leit, déi Deelzäit schaffen, dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn, esou kann een dat awer net méi bei deenen 10%, déi eng voll Tâche hunn, also 40 Stonnen d'Woch iwwer e ganz Joer schaffen.

Wann ee vläicht novollzéie kann, datt 23% vun alle Leit, déi en CDD hunn, „working poor“ sinn, dann awer net méi bei deene bal 10%, déi en CDI hunn. Och hei si mer am Spëtzepeleton vun der europäescher Negativlescht, selon Eurostat.

All dës Zuele missten am allerhéichste Grad alarméieren, well si bedeuten, datt genee dat gesellschaftlecht Versprieche vu Wuelstand duerch Aarbecht net wierklech respektéiert gëtt, jo souguer ëmmer manner erfëllt gëtt.

Dee Begrëff „working poor“ beziechent also all déi Leit, déi innerhalb vun engem Joer méi wéi d'Halschent vun der Zäit geschafft hunn a mat allen eventuelle Sozialleeschungen an engem Menage wunnen, deen ënnert dem Aarmutsrisiko läit, deen allgemeng unerkannt definéiert gëtt als 60% vum Medianloun.

De Phenomeen besteet also aus méi Deeler: engersäits dem Revenu vun der Persoun, anersäits de Sozialleeschungen, déi se eventuell bezitt, der Zesummesetzung vum Haushalt an der Héicht vum monetären Aarmutsrisiko am jeeweilege Land.

Fir dem Phenomeen „working poor“ op de Grond ze goen, muss een duerfir déi eenzel Elementer kucken a se ausmaachen, ugefaange vum Aarmutsrisiko, deen natierlech e relative Wäert ass, also een, dee vun der Akommissiatioun vu Land zu Land changéiert. Et ass och een, deen an éischer Linn eppes iwwert déi gesellschaftlech Onglächtheeten ausseet. Mä dat huet och seng Berechtegung, well och Aarmut ass e relative Wäert! Et kann een Aarmut just moosse par rapport zu enger bestëmmter gesellschaftlecher an historiescher Situatioun. Mir vergläiche jo och net Aarmut mam Mëttelalter oder mat Entwécklungslänner.

Duerfir kënnen mer eis och net erausrieden domadder, d'Aarmutsgrenz wier zu Lëtzebuerg ebe méi héich wéi an anere Länner, well Aarmut ëmmer Ausdrock ass vun engem gesell-

schafteleche Verhältnis an een absolutt Zuelen net einfach esou vergläiche kann, mä justement relativ, déi eng Bedeitung innerhalb vun enger Gesellschaft hunn. En plus ass et esou, datt et an Europa zwee Länner gëtt, déi an absolutten Zuele méi en héije Medianrevenu opweise wéi Lëtzebuerg, nämlech d'Schwäiz an Island. An do läit den Taux de pauvreté vun den „working poor“ méi niddreg, nämlech bei 8% respektiv bei 7%.

Aarmut ass och relativ, well d'Liewenshaltungskäschte vu Land zu Land changéieren an nieft där méi monetärer Dimensioun d'Aarmut ëmmer verbonnen ass mat Exklusiv, mat Ausschluss vum sozialen, kulturellen a gesellschaftleche Liewen.

Nieft deem relativen Indicateur vun Aarmut huet de Statec versicht, dee monetäre Minimum zu Lëtzebuerg ze berechnen, deen e Stot brauch, fir mënschewierdegt, also dezent liewen ze kënnen. Esou en Exercice ass ëmmer mat enger gewëssener Skepsis ze bewäerten, well et ganz schwéier ass, Stéit monetär an absolutten Zuele mateneen ze vergläichen, well d'Stéit ëmmer ze dinn hu mat spezifesch Liewenssituatiounen vu Mënschen an och eng ganz Rëtsch Parametere an der Etüd ausser Uecht gelooss goufen, déi awer wichteg gewiescht wieren, wéi zum Beispill och hei am Land geografesch Komponenten, de familiären oder soziale Kontext vun engem Stot, den Alter et cetera.

Also, obwuel een dës Etüd mat enger gewëssener Virsiicht genéisst muss, sinn hir zentral Konklusione fir eis awer interessant.

Déi éischt ass: Den Niveau vun engem mënschewierdege Liewe läit zu Lëtzebuerg an alle Fäll iwwert dem Montant, deen den Aarmutsrisiko definéiert. An anere Wieder: Fir decement liewen ze kënnen, brauch ee méi wéi dat Akommes, wat den Aarmutsrisiko definéiert.

Zweetens: Den Nettomindestloun hei am Land läit souwuel ënnert dem Aarmutsrisiko wéi och ënnert deem vum dezenten Liewen.

Just am Idealfall - an dat ass interessant, just am Idealfall -, wou eng Persoun mam Mindestloun kann op alleguerten d'Sozialleeschungen zugläich zrëckgräifen, ass et méiglech, dezent ze liewen.

Ech wäert herno nach drop zrëckkommen, firwat dat net esou evident ass a firwat mer duerfir esou héich Tauxen och eventuell hunn.

Aus deenen dräi Observatiounen kritt een Indicien, wou deen aussergewéinlech héijen Taux hierkënn. An egal wéi eng Moossstief een usetzt, fir Aarmut, a besonnesch déi vu Mënschen, déi schaffen, ze moossen, et kënn een net laanscht dee Constat, deen och d'Salariatskummer an hirem Sozialpanorama virun enger Woch gemaach huet, nämlech datt déi laangfristeg Tendenz weist, datt mer et hei mat engem strukturelle Problem ze dinn hunn, dee souguer an Zäite vun Héichkonjunktur a phenomenale Wuesstumszuelen net substanzuell zrëckgeet, jo souguer éischer Gefor leeft, nach weider an d'Luucht ze goen.

An hannert deene plakegen Zuele sti Mënschen, Mënschen a Familijen an deelweis dramatesche Situatiounen, an och besonnesch zu Lëtzebuerg vill Kanner, vill Stéit mat Kanner. An et ass nach ëmmer esou, datt Kanner zu Lëtzebuerg eigentlech dee gréissten Aarmutsrisiko sinn, souguer dann, wann ee schafft. An dat ass e seriöse Problem, grad an engem scheinbar esou räiche Land, deem ee wierklech misst op de Fong goen.

Här President, eng vun den Hauptursaachen vum „Working poor“-Phenomeen ass déi ëmmer méi inegalitär Entwécklung vun de Léin, éischters a Bezuch op déi primär Verdeelung tëschent Aarbecht a Kapital, wou d'Produktivitéit an deene leschte Jore wesentlech méi séier gewuess ass wéi d'Léin an och de Revenu aus Kapitalertrag däitlech manner besteiert gëtt wéi d'Akommes vun de Léin.

Awer geneesou gëllt dës ongläich Entwécklung och innerhalb vun deenen eenzelne Léinkategorien. Sou huet de Sozialpanorama opgewisen, datt déi ënnescht Léin an deene leschte 15 Joer ëm 36% geklommen sinn, déi mëttel ëm 53% an déi uewen ëm 60%, also duebel esou séier geklomme si wéi déi ënnen.

Nach méi bezeichnend ass d'Entwécklung vun der Kaffkraaft an de leschte fënnf Joer, also zanter 2010: Bei deenen ënneschte Salären ass se just ëm 1,1% an d'Luucht gaangen, praktesch fënnemol manner wéi bei den ieweschte Léin. Dëst ass Ausdrock a Sënnbild vun där sozialer Schéier, déi hei an eisem Land ëmmer méi wäit auserneegt an déi d'Ursaach vun de wuessenden Inegalitéiten ass.

De Stat an d'Regierung hunn hirersäits direkten Afloss op d'Entwécklung vun deenen ënneschte Léin iwwer zwee Mechanismen, engersäits iwwert d'Héicht vum Mindestloun, dee per Gesetz festgehal e gëtt, an anersäits iwwert d'Erfalen oder d'Aussetzeloosse vun In-

dextranchen.

D'Salariatskummer huet virgerechent, datt eleng d'Indexmanipulatioun vun 2013, déi zu engem Retard vu siwe Méint beim Ausbezuere vun der Tranche gefouert huet, Leit mat niddrege Léin vill Geld kascht huet. Am Ganze sinn an deene leschte véier Joer 1.269 Euro fir e Salarié, deen de Mindestloun bezitt, verluer gaangen. Dës Sue si Paien, déi net ausbezuelt gi sinn, also dem Patronat zeguttkoumen.

An och no der Steuerreform, déi zwar effektiv eng steuerlech Entlaaschtung bruecht huet fir Mindestlounempfänger, mussen déi weiderhi Steiere bezuelen.

Wéi een et dréit a wéi een et kéiert, den Nettomindestloun geet net duer, fir virun Aarmut ze schützen. Dat soen eis déi international Zuelen. An e geet och net duer, fir dezent ze liewen. Dat seet de Statec. An dat misst awer eigentlech déi zentral Fonctioun vum Mindestloun sinn, an dëst virun de sozialen Transferen.

Op deesen Ëmstand weist och d'Charte sociale européenne hin, déi Lëtzebuerg ënnerschriwwen huet a géint där hiren Artikel 4 Lëtzebuerg verstéisst, wourop de Conseil de l'Europe eis opmierksam gemaach huet, well de Mindestloun ganz einfach ze niddreg ass hei am Land. Duerfir, Här President, deposéiere mer och hei eng entsprechend Motioun zum Mindestloun.

Motion 1

La Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg

considérant

1) qu'en mars 2016, le nombre des salariés rémunérés au voisinage du salaire social minimum s'élevait à 12,4%, ce qui correspondait à 45.204 personnes;

2) que les modulations de l'indexation des salaires au fil des années ont engendré un retard de 5,1% dans l'adaptation des salaires et traitements qui ne fut jamais compensé;

3) que sur la période allant d'octobre 2013 à janvier 2017, les modulations précitées ont fait perdre 1.269 € de pouvoir d'achat à un salarié rémunéré au salaire social minimum par rapport à la série indiciaire ayant l'année 1948 pour base;

4) que le coût du logement comme facteur déterminant dans l'augmentation du coût de vie n'est représenté que de façon insuffisante dans le panier de référence de l'indice;

5) qu'entre 2010 et 2015, le pouvoir d'achat des bas salaires n'a augmenté que de 1,1% tandis que celui des hauts salaires a connu une progression globale d'environ 5,2%;

6) que le Luxembourg a ratifié la disposition 4-1 de la Charte sociale européenne qui engage le Luxembourg à reconnaître le droit des travailleurs à une rémunération suffisante pour leur assurer, ainsi qu'à leurs familles, un niveau de vie décent;

7) que le Comité européen des droits sociaux du Conseil de l'Europe, qui statue en droit sur la conformité des situations nationales avec la Charte sociale européenne, établit que la situation est conforme à la Charte lorsque le salaire net le plus bas est supérieur à 60% du salaire net moyen;

8) que le Comité européen des droits sociaux conclut dans son rapport d'activités de 2014 «... que la situation du Luxembourg n'est pas conforme à l'article 4-1 de la Charte de 1961 au motif que le salaire minimum applicable aux travailleurs du secteur privé ne suffit pas à assurer un niveau de vie décent»;

9) que le Luxembourg affiche avec 11,6% en 2015 le quatrième taux le plus élevé de risque de pauvreté laborieuse parmi les pays membres de l'Union européenne;

10) que la Chambre des Salariés revendique une augmentation de 10% du salaire social minimum; invite le Gouvernement

à procéder à une augmentation du salaire social minimum d'au moins 10%.

(s.) Marc Baum, David Wagner.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Här President, e weidere Grond fir déi héich Zuele vun den „working poor“ sinn natierlech d'Explosioun vu prekären Aarbechtsverhältnissen, also besonnesch do Zäitverträge, zäitlech begrenzt Verträge an Interimsaarbechten. Bal all véierte Salarié, deen en CDD huet, ass dem Aarmutsrisiko ausgesat. Dat si gigantesch Zuelen, iwwerraschend Zuelen!

Mir gesinn, datt an deene leschte Joren den ordinären CDI, also d'Festustellung, scho längst net méi d'Regel ass an datt zäitlech begrenzt Verträge ëmmer méi opkommen, mat de soziale Konsequenze fir d'Salariéen, déi dat bedeit.